R22 Theater2019

Expo2020Dubai - The Happy End of Democracy

Iwwer d'Quellen:
Direkt Zitater si gréng markéiert, Text mat direktem Bezuch op d'Quell (zB. Ëmschreiwungen) a giel. Nieft Orginaldokumenter (zB. staatlechen Pressecommuniquéen, Strategiepabeieren, Rapporten, Brochuren a Weboptrëtter) bezéien mir eis an der Haaptsaach op Presseartikelen – an de quellen gekenntzeechent als [PRESS]. Virun allem verwende mir Informatiounen vu groussen internationelen Presseorganer, déi net ënner Verdacht stinn direkt vu Staaten beaflosst ze ginn an deren hier Recherche méi héichen journalisteschen Standards entsprëcht (zB: New York Times, The Guardian) a versichen bei Informatiounen, déi mer net bis zur Quell verfolgen kënnen an zu der mer keng Géigenduerstellung fannen (wat bei Informatiounen iwwer d'Emirater meeschtens de Fall ass) op manst eng aner journalistesch Quell ze fannen. Donieft setzen mir op Informatiounen vu Medien aus Lëtzebuerg – net well déi qualitativ erausstiechen, mee well mir hieren Recherche-Obwand an hier Quellen relativ gutt aschätze an novollzéien kënnen. Informatiounen vu Presseorganer aus der Regioun vum persesche Golf déi ënner staatlecher Kontroll stinn (zB. VAE: The National oder d'Gulf News) benotze mir just bewosst am Kontext vu méiglecher Staatspropaganda – se sinn gekennzeechent [VAE].

Szene 1: De Friederatu ass zeréck

Friederatu: *(Klëmmt aus dem Sarg)*
(Direkt op de Public) Ech sinn zeréck[1]. Dat hätt der net geduecht, gell? Dir hudd all geduecht meng Zäit wier riwwer. Dir hudd geduecht, deen kënnt net méi rëm, deen steet net méi op. Dir hudd iech all gefreet wou mir bis fort woren. Dir hudd all matgemaach, sidd deenen hannendrun gelaf, déi gesot hunn, et géif elo eng nei Zäit ubriechen. D'ass dach wouer!

A wat hunn déi Nei dann Neies gemaach? Dat éischt wat se gemaach hunn wor an d'Chamber ze goen an déi Gesetzer déi ech selwer, eegenhänneg geschriwwen hunn... brilliant Gesetzer, ze stemmen. Meng Gesetzer. Well se wossten, dass se gutt wieren. Well se wossten, dass se iwwerhaapt keen anere Choix hätten wéi genee dat weider ze maachen, wat ech iwwer Joeren virdrunner opgebaut hunn. Ech stoung an der Chamber wou den Guy Arendt - Entschëllegt, erënnert sech nach een un deen? Nee? Finanz- an Immobilien-Spezialist. Huet duerno iergendeppes komesches an der Regierung gemaach, Sport oder sou - jiddwerfalls stoung ech an der Chamber an der Oppositiounsbänk wou den Guy Panama Arendt mäin Gesetz iwwer d'Sukuks, déi Scharia-kompatibel Investmentfongen virgestallt huet an de Pierre Gramegna erzielt huet dass de Staat dofir zwee Héichheiser um Kierchbierg zur Verfügung stellt[2] [3] [4]. An deem Stéck hei soll et jo ëm Dubai goen soll, ëm de blöde Pavillon an ëm dee ganzen Trallala deen se veranstalten. Ouni mech, soen ech iech, ouni mech hätt Lëtzebuerg deen Zuch verpasst gehat! Ouni mech wiere mir lo net

1 Chambre de Commerce 03.04.2019: „Luc Frieden élu président de la Chambre de Commerce“ https://www.cc.lu/actualites/detail/luc-frieden-elu-president-de-la-chambre-de-commerce/
2 Chambre des députés 09.07.2014: Vote zum PdL 6631 https://chd.lu/wps/PA_RoleDesAffaires/FTSShowAttachment?id=42FF60519DEC76E33D7086FEE602A472$76769243375FFB30C0A4385B1ED884F5
3 SIP Regierung Lëtzebuerg 01.10.2014: „La place financière luxembourgeoise s'internationalise“ http://luxembourg.public.lu/de/actualites/2014/10/01-sukuk/index.html
4 PRESS: Journal 09.07.2014: „Erster Sukuk in Euro“ https://www.journal.lu/top-navigation/article/erster-sukuk-in-euro/ ; Paperjam 18.09.2014: „Le sukuk luxembourgeois en questions“ https://paperjam.lu/article/news-le-sukuk-luxembourgeois-en-questions ; Reuters 10.07.2014: „Luxembourg approves bill paving way for sukuk this year“ https://www.reuters.com/article/islamic-finance-luxembourg-idUSL6N0PK0V420140710

Leader an der westlecher Welt fir Islamic Banking[5] [6].

Dubai, dat kennt dir dach all just aus der Vakanz. Fir och am Wanter 20 Grad ze hunn, déi bëllegst Art-a-Weis an ee 5 Stäeren Hotel ze kommen, e bëssi Jet-Set-Feeling fir lëtzebuerger Proffen a Staatsbeamten. Ech hunn nach eppes aneschtes an Dubai gesinn. Eng Opportunitéit.[7] Eng nei Basis, eng Chance fir eis Finanzplaz sech ze stabiliséieren. Eng Regioun an der a kierzester Zäit immens vill Mënschen UHNWIs gi sinn[8] [9]. Ultra High Net Worth Individuals. Ween do als éischtes säi Buttek opmécht, säi Wealthmanagement an d'Vitrine stellt a seng Scharia-konform Finanzprodukter ubidd huet gewonn[10] [11]. Ech wor 2005 do ënnen[12] [13], kuerz nodeems Arcelor ugefaangen hat[14] do massiv Connections opzebauen sinn ech och selwer rofgeflunn, mam Jeannot Krecké an dem Grand-Duc an der Mall. Dat woren nach Zäiten. De klassesche Package: Duebelbesteierungsofkommes[15] [16], Berodung fir d'Installatioun vun Investmentfongen an d'Dier opgemaach fir lëtzebuerger Banken a Firmen[17]. A ween wor nach mat dobai? An huet brav

5 Luxembourg for finance 20.09.2019: „Leading Islamic fund centre in Europe“ https://www.luxembourgforfinance.com/en/financial-centre/islamic-finance/

6 PRESS: Paperjam 23.11.2011: „Des critiques à l'éthique: rimes riches“ https://paperjam.lu/article/news-des-critiques-a-lethique-rimes-riches ; Handelsblatt 05.01.2015: „Eine Finanzwelt ohne Zinsen“ https://www.handelsblatt.com/finanzen/anlagestrategie/trends/islamic-banking-eine-finanzwelt-ohne-zinsen/11185320.html

7 Chambre de Commerce 12.07.2018: „United Arab Emirates - Chamber of Commerce Country Factsheet“ https://www.cc.lu/en/develop-my-business/export-and-foreign-promotion/world-map/country/?user_ccworldmap_pi1%5Bcountry%5D=2

8 PRESS (VAE): Khaleej Times 08.04.2016 „Dubai in 5th place for ultra-high net worth individuals“ https://www.khaleejtimes.com/dubai-jumps-to-5th-place-for-uhnwis ; Emirates 24/7 14.06.2008: „Private banking boom for the UAE's über-rich“ https://www.emirates247.com/eb247/banking-finance/banking/private-banking-boom-for-the-uae-s-%C3%BCber-rich-2008-06-14-1.220769 ; The National 02.05.2019: „Number of millionaires moving to Dubai surpassed New York and Los Angeles“ https://www.thenational.ae/business/economy/number-of-millionaires-moving-to-dubai-surpassed-new-york-and-los-angeles-1.855995

9 zB: „As a well-known and recognised institution in international private banking, Banque Internationale à Luxembourg's mission in the Dubai International Financial Centre (DIFC) is to help HNWIs and UHNWIs in the Middle East to achieve their objectives“ - BIL 07.2014: „Tailor-made private banking services for the Middle East“ https://www.bil.com/Documents/brochures/brochure-dubai-en.pdf

10 zB: Operatiounen vun Acteuren vun der Lëtzebuerger Finanzplaz an den VAE: KPMG https://assets.kpmg/content/dam/kpmg/lu/pdf/lu-en-luxembourg-a-hub-for-islamic-finance-brochure2016.pdf ; Arendt https://www.arendt.com/jcms/fra_6158/en/dubai ; Ernst & Young https://www.ey.com/Publication/vwLUAssets/Luxembourg:_the_gateway_for_Islamic_finance_and_the_Middle_East_-_May_2018/$FILE/Islamic%20Finance%20-%20May%202018.pdf

11 PRESS: Luxemburger Wort 15.03.2012: „Finanzplätze Luxemburg und Dubai kooperieren“ https://www.wort.lu/de/business/finanzplaetze-luxemburg-und-dubai-kooperieren-4f61e0e7e4b0860580ab5133 ; (VAE): The National 12.01.2010: „Dubai lines up with Luxembourg“ https://www.thenational.ae/business/dubai-lines-up-with-luxembourg-1.541222

12 Regierung LU: „Economic mission to the middle east“ https://www.cc.lu/uploads/tx_userccpress/243.pdf ; Chambre de Commerce 12.2005: Merkur (S.25-27) „Mission économique au Moyen-Orient“ https://studylibfr.com/doc/6346832/merkur-10-2005---chambre-de-commerce

13 PRESS: Paperjam 11.10.2005: „Vers l'Orient, avec des moyens“ http://top100.paperjam.lu/news/vers-lorient-avec-des-moyens

14 Arcelor 30.06.2008: „ArcelorMittal enhances its distribution activities in United Arab Emirates“ https://corporate.arcelormittal.com/news-and-media/press-releases/archive/2008/jun/30-06-2008

15 Orginaltext vum éischten Ofkommes 19.11.2005: „Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the United Arab Emirates for the Avoidance of double taxation and the prevention of fiscal evasion with respect to taxes on income and on capital“ http://internationaltaxtreaty.com/download/Luxembourg/dtc/Luxembourg-United-Arab-Emirates-DTC-Nov-2005.pdf

16 Anuerdnung vu weidere Duebelbesteierungsofkommesen duerch d'Finanzplaz: Wildgen 17.02.2010: „A Closer Look at the UAE-Luxembourg Treaty“ https://www.wildgen.lu/our-insights/article/closer-look-uae-luxembourg-treaty ; Erneiert Ofkommes 2015: Ernst & Young 13.03.2015: „Luxembourg publishes new Protocol to Tax Treaty with UAE“ https://www.ey.com/gl/en/services/tax/international-tax/alert--luxembourg-publishes-new-protocol-to-tax-treaty-with-uae

17 'FUN' FACT: Eng vun de Firmen, déi 2005 mat an den VAE woren wor „Basic Consulting“, déi Firma gouf et net laang an hiere Chef gouf rezent wéinst Bedruch veruerdeelt: (VAE) Albawaba 17.11.2015: „Basic Consulting / the Luxembourg Business Promotion Week to the Gulf Region“ https://www.albawaba.com/business/basic-consulting-

opgepasst a vun mir geléiert? Den Pierre Gramegna, deemols Chambre de Commerce, de klengen Krauselkapp deen elo mäin Job huet. Enges Moies hu mir zwee eis duerch d'Bascht gemaach[18] an nach gehollef eng Filiale vun der BIL zu Barain[19] opzemaachen, klenge Roadtrip.

Dat wore meng beschten Joeren. Et wor alles real deemols, Éieremänner déi am Schiet operéiert hunn. Déi einfach Wäerter hunn gezielt, Lëtzebuerg wor politesch an sozial stabil, D'Emirater woren politesch an sozial stabil[20] [21] an de Recht wor Scheich egal.[22] An der Zäit, 2009, konns de als Brudder vum Präsident vun den Emirater engem Aarbechter aus Afghanistan de Kapp an de Sand stieche, en mat eng Holzlat zerschloe, en elektroschocken, him Benzin iwwer d'Testiculen schëdden an ufänken, duerno Salz iwwert déi oppe Wonnen streeen an dann e puer mol mam SUV iwwert en fueren an um Geriicht ginn dann déi Leit veruerdeelt, déi de Video dovunner aus dem Land geschmuggelt hunn[23]. Well Ëffentlechkeet de Geschäfter schued.

An dat bekäppt dee liberale Wouscht an der Regierung net, Onopfällegkeet ass fir déi kee Begréff méi. Diskretioun. Nee, haut soll op ee mol de Géigendeel gëllen! Wat méi haart, wat méi siichtbar - wat besser.

Mee lo sinn ech zeréck, an ech wäert net zouloossen, dass déi Spillschoulsgrupp vu Regierung déi mer hunn dei Geschäfter fréckt mecht, déi ech opgebaut hunn. Als éischtes froen ech mir lo mol ee RDV beim Wirtschaftsminister.

---

luxembourg-business-promotion-week-gulf-region ; Paperjam 15.06.2017: „42.700 euros à payer par Transline Tours“ https://paperjam.lu/article/news-42700-euros-a-payer-par-transline-tours

18 Wéi 12)

19 Bahrain wor urspréinglech dee méi wichtege Partner vu Lëtzebuerg an der Regioun, d'BIL ass dann 2014 op Dubai geplënnert. PRESS: Tageblatt 20.02.2011: „BIL im Dauerkontakt“ http://www.tageblatt.lu/wirtschaft/bil-im-dauerkontakt-20948589/ ; Tageblatt 28.10.2014: „BIL eröffnet eine Niederlassung in Dubai“ http://www.tageblatt.lu/nachrichten/bil-eroffnet-eine-niederlassung-in-dubai-12663017/

20 „Like Luxembourg, the DIFC and UAE offer a high degree of political and social stability and a reliable legal and f iscal framework“ Chambre de Commerce 02.2010: „Merkur“ https://www.cc.lu/uploads/tx_userccmerkur/2010_MERKUR_01.pdf ; ;

21 Widderhuelung vun der Erzielweis vun der Ähnlechkeet vu béide Länner 2015: „Nos pays ont beaucoup en commun. Tant le Luxembourg que les Émirats se démarquent par un niveau élevé d'ouverture des leurs économies. Dans leurs régions respectives, les deux pays constituent des pôles de stabilité, ancrés dans la tradition, tout en faisant état d'un développement dynamique. Nous avons beaucoup à gagner à approfondir nos relations bilatérales, notamment au niveau des échanges économiques et financiers.“ Gramegna 04.03.2015: „Mission financière aux Émirats Arabes unis“ https://abudhabi.mae.lu/en/News/Mission-financiere-aux-Emirats-Arabes-unis ; PRESS (Copy-Paste Regierungscommuniqué) „Our countries have much in common. Luxembourg and the UAE stand out for a high level of openness of their economies. In their respective regions, both countries are stable poles anchored in tradition“ Luxembourg Times 03.03.2015: „Deepening bilateral relations in the UAE“ https://luxtimes.lu/archives/12854-deepening-bilateral-relations-in-the-uae

22 UMIERKUNG: Eng wichteg Diskussioun ass déi iwwert rassistesch Stereotypen déi an der westlecher Welt iwwert den Mëttleren Osten existéieren, besonnegt déi vum „Ölscheich“. Mir hunn eis entscheed an eisem Stéck just d'Vue op a vu Lëtzebuerg ze thematiséieren an méiglechst ze verhënneren „vun uewen erof“ op d'Emirater ze kucken. Interessanterweis sinn et grad och déi Gréng zu Lëtzebuerg déi an dësem Punkt de Géigendeel vu sensibel fir Sprooch sinn. Souwuel d'Carole Dieschbourg wéi och de François Bausch benotzen den Term „Ölscheich“ fir polemesch Aussoen an Interviews: Revue 28.11.2018: „Sofort handeln“ https://gouvernement.lu/de/actualites/toutes_actualites/interviews/2018/11-novembre/28-dieschbourg-revue.html ; Tageblatt 31.07.2017: „Wir haben uns in eine Sackgasse manövriert“ http://www.tageblatt.lu/headlines/wir-haben-uns-in-eine-sackgasse-manoevriert/

23 Gemengt ass de Scheich Issa Bin Zayed Al Nahyan deen nieft dësem Fall och an aner Fäll verwéckelt wor. No enger ganzer Zäit an der den Scheich Issa Bin Zahey aus der Ëffentlechkeet verschwonne wor, taucht hien elo nees op offiziellen Events op [OPPASSEN, VIDEO WEIST GEWALT] https://www.youtube.com/watch?v=Ks_MIRvmx9E ; PRESS: Frankfurter Allgemeine Zeitung 07.05.2009: „Der Scheich als Foltermeister“ https://www.faz.net/aktuell/politik/ausland/vereinigte-arabische-emirate-der-scheich-als-foltermeister-1801409.html ; The Guardian 03.05.2009: „Torture-tape Gulf prince accused of 25 other attacks“ https://www.theguardian.com/world/2009/may/03/uae-sheikh-accusation-assault-tape

Szene 2: De Wirtschaftsminister

*Beamt*in mit Powerpointpräsentatioun. Schneider hört nicht zu sondern ist mit seinem Smartphone beschäftigt.*

Beamt*in: Dubai ass also eent vun insgesamt siewen Emirater op der arabescher Hallefinsel, déi zesummen d'Vereenegt Arabesch Emirater bilden, Här Minister. Dëst Land grenzt direkt u Saudi Arabien a läit vis-a-vis vum Iran um persesche Golf. Haaptstaat vun den Emirater ass Abu Dhabi, Dubai ass allerdéngs déi méi grouss Stad. D'Awunner sinn an der grousser Majoritéit Auslänner, 88,6% vum Land hunn net d'Emiratesch Nationalitéit. Dat sinn haaptsächlech temporär Aarbechtsmigranten aus Indien, dem Bangladesh a Pakistan.[24]
Schneider: Et si lo zwou Wochen hier zanter dass ech dem Elon Musk[25] gefollowed sinn, an en huet nach ëmmer net zeréckgefollowed...
Beamt*in: D'Emirater sinn zanter 1971 onofhängeg vun Groussbritanien a woren zu deem Zäitpunkt nach eng Wüst mat e puer Dierfer um Mier an deenen no Päerelen gefëscht gouf. Wéi dunn Uellech a Gasvirkommen entdeckt goufen sinn d'Emirater explosiounsarteg gewuess. Dubai setzt allerdéngs net just op den Uellech mee kuckt an d'Zukunft, diversifizéiert seng Ökonomie an huet sech ee staarkt Finanzzentrum opgebaut.[26]
Schneider:*(zum Public)* Hei den Jeff Bezos huet seng Moundmissioun virgestallt[27] [28], d'Sau. Den Jeff Bezos, dat ass ee Mann deen et gemaach huet, dat ass ee richtege Kärel, mat enger Visioun. Een deen sech eppes traut an deen einfach mol mécht. Sou wéi ech.
Beamt*in: D'Vereenegt arabesch Emirater sinn eng absolut Monarchie an der verschiddenen Famille-Clans d'Soen hunn. Un hierer Spëtzt steet d'Kinneksfamill vun Abu Dhabi. D'Emirat Dubai gëtt vum Mohammed bin Rashid al Maktoum beherrscht, deen och Premier vun den Emirater ass. De politesche System...[29] [30]
(Slides weisen HRW, Reporter ohne Grenzen an Amnesty-Index)
Hä, wat ass dann dat do? ... ah, ehm *(klickt weider).*
Schneider: A wat deen fir Hashtags benotzt. #ThinkBig, Wooooooow... #Mars2019[31], Wow...
Beamt*in: Den Scheich Mohammed bin Rashid ass d'Mastermind hannert der wirtschaftlecher

24 Allgemeng Informatiounen iwwer d'VAE.: CIA Factbook: https://www.cia.gov/library/publications/the-world-factbook/geos/ae.html ; Britannica: https://www.britannica.com/place/United-Arab-Emirates/Land ; Präsentatioun vun den VAE um Site vum Lëtzebuerger Pavillon fir d'Weltasusstellung: http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/expo-2020/dubai-uae/

25 'FUN' FACTS: Natirlech probéiert och den Elon Musk / Tesla zu Dubai Fouss ze faassen. PRESS: Bloomberg 24.12.2018: „Who Drives Electric Cars in Dubai? The Government and the Rich“ https://www.bloomberg.com/news/articles/2018-12-24/elon-musk-s-teslas-in-dubai-driven-by-the-state-and-the-rich

26 Wéi 24)

27 PRESS: Der Spiegel 10.05.2019: „Bezos präsentiert Pläne für seine Mondmission“ https://www.spiegel.de/wissenschaft/weltall/blue-moon-jeff-bezos-praesentiert-plaene-fuer-seine-mond-mission-a-1266705.html

28 'FUN' FACTS: Och den Jeff Bezos ass zu Dubai aktiv. PRESS: CNBC 29.01.2019: „Amazon plans to launch a new Middle East marketplace, two years after buying Souq for $580 million“ https://www.cnbc.com/2019/01/29/amazon-new-middle-east-marketplace-rivals-souq.html

29 Allgemeng Infoen zum politeschen Systeem zB.: https://www.reuters.com/article/us-dubai-emirates-system/factbox-what-is-the-uaes-political-structure-idUSTRE5B02L620091201

30 Rezenten Aschätzungen no ass dat politescht Gewiicht vun den VAE wesentlech méi bedeitend wéi meeschtens, virun allem am Verglach mat Saudi Arabien ugeholl gett. PRESS: The New York Times 02.06.2019: „The Most Powerful Arab Ruler Isn't M.B.S. It's M.B.Z.“ https://www.nytimes.com/2019/06/02/world/middleeast/crown-prince-mohammed-bin-zayed.html

31 Jeff Bezoz 19.03.2019: https://twitter.com/jeffbezos/status/1107991131147534336

Diversifikatioun, hien ass et, deen d'Weltausstellung an d'Land geholl huet[32] [33], d'Expo2020Dubai[34] iwwert déi mer jo haut schwätze. Donieft huet hien grouss Fräihandelszonen[35] [36] [37] opgemaach a kënschtlesch Inselen opschëdde gelooss[38] an och een Space-Center a sengem eegenen Numm gegrënnt[39].

Schneider: *(gëtt opmierksam)* Huet do grad een Space Center gesot?[40]

Beamt*in: De Gesondheetssector vun den Emirater ass mat een vun deenen modernsten an der Regioun, d'Liewenserwaardung konnt an deene leschte Joerzéngten wesentlech erhéicht ginn. E vun deene grousse Problemer bleift déi ongesond Ernährung...[41]

Schneider: Langweileg, hei géi mol zeréck bei deen Scheich.

Beamt*in: Ech duecht, dass iech och nach ee puer Gesondheetsaspekter interesséieren, Här Minister?

---

32 D'Entscheedung trëfft d'BIE, den Bureau International des Expositions: https://www.bie-paris.org/site/en/2020-dubai

33 PRESS: BBC 28.11.2013: „Dubai chosen to host 2020 World Expo trade convention" https://www.bbc.com/news/world-middle-east-25132810 ; [VAE] Arabian Business 27.11.2013: „Sheikh Mohammed hails Dubai's Expo 2020 win" https://www.arabianbusiness.com/sheikh-mohammed-hails-dubai-s-expo-2020-win-528605.html

34 Offizielle Site vun der Expo: https://www.expo2020dubai.com/

35 45 Fräihandelszonen an deene praktesch keng Aschränkunge a Besteierungen gellen hunn d'Emirater (Stand 2017) https://www.government.ae/en/information-and-services/business/starting-a-business-in-a-free-zone .

36 PRESS: Financial Times 29.06.2014: „Gulf's free zones help spur economic diversification" https://www.ft.com/content/9b6fdb36-f855-11e3-815f-00144feabdc0 ; [VAE] Gulf News 15.08.2017: „45 free zones in the UAE: Find the right one for your new business" https://gulfnews.com/lifestyle/community/45-free-zones-in-the-uae-find-the-right-one-for-your-new-business-1.1716197

37 Lëtzebuerg ass interesséiert un dësem System an sicht den Erfahrungsaustausch och am Kontext mam lëtzebuerger Freeport um Findel. Visite vum VAE-Wirtschaftsminister am Freeport: Wirtschaftsministère 04.04.2018: „Étienne Schneider a reçu le ministre de l'Économie des Émirats arabes unis en visite de travail au Luxembourg" https://meco.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2018%2B04-avril%2B19-visite-eau.html

38 Den Scheich Mohammed bin Rashi Al Maktoum agéiert hei net just als Politiker, mee och als wirtschaftlechen Profiteur – him gehéiert majoritär d'"Dubai Holding", der déi wichtegsten Hoteler zu Dubai (a Luxushoteler am Ausland) gehéieren. PRESS CNN 18.05.2017: „Dubai to add 1.4 miles of beach for $1.7 billion" https://edition.cnn.com/travel/article/marsa-al-arab-dubai/index.html

39 Site vum Space Center: https://www.mbrsc.ae/

40 D'Kooperatioun vu Lëtzebuerg an den VAE a puncto Space Mining geet immens wäit:
- D'Wirtschaftsmissioun vum Etienne Schneider 2016 an d'VAE wor haaptsächlech op de Space Mining ausgeriicht. Wirtschaftsministère 2017 (S.100) https://chd.lu/wps/PA_ArchiveSolR/FTSShowAttachment?mime=application%2fpdf&id=8373B0F30E27607FCB0E66891FF8988F$3BA22F6EE609FDE181140C45B23038EE&fn=8373B0F30E27607FCB0E66891FF8988F$3BA22F6EE609FDE181140C45B23038EE.pdf ; PRESS [VAE] The National 04.04.2016: „UAE and Luxembourg discuss space cooperation opportunities" https://www.thenational.ae/uae/uae-and-luxembourg-discuss-space-cooperation-opportunities-1.145660
- Zentralt Dokument ass en Memorandum of Understanding (MoU) tëscht béide Länner, dat 2017 fir d'Weltraumprogrammer ënnerschriwwe gouf. Spaceresources 2017: „MoU UAE" https://spaceresources.public.lu/en/actualites/2017/MoU-UAE.html ; Regierung LU 10.10.2017: „Luxembourg and the United Arab Emirates to cooperate on space activities with particular focus on the exploration and utilization of space resources" https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2017/10-octobre/10-uae-space.html
- 2019 wor den Etienne Schneider dofir och um „Global Space Congress" zu Abu Dhabi. Ambassade LU 24.05.2019: „Vice Prime Minister Etienne Schneider at the Global Space Congress 2019 in Abu Dhabi" https://abudhabi.mae.lu/en/News/Vice-Prime-Minister-Etienne-Schneider-at-the-Global-Space-Congress-2019-in-Abu-Dhabi
- Zil vu Lëtzebuerg ass et beim Space Mining jo den „Outer Space" Vertrag vun den Vereenten Natiounen ausser Kraft ze setzen, d'VAE woren do déi éischt Partner déi matgezunn hunn: „UAE sind ersten, die Luxembourgs Plan den 1967 Outer Space Treaty zu revidieren unterschrieben haben" PRESS: Luxemburger Wort 21.04.2017: „Ressources de l'espace: Le nouvel ami de Schneider" https://www.wort.lu/de/business/ressources-de-l-espace-le-nouvel-ami-de-schneider-58f9d0e9a5e74263e13adc33
- Aschätzung vun enger Beroderboite, déi souwuel Lëtzebuerg wéi den Emirater a Saachen legale Kader vum Space Mining ennerstetzt: Mondaq 30.04.2019: „United Arab Emirates: Outer Space Law And Treaties" http://www.mondaq.com/x/801788/Environmental+Law/Outer+Space+Law+And+Treaties ; STA 15.04.2019: „Outer Space Law and Treaties" https://www.stalawfirm.com/en/blogs/view/space-law-an-international-

Schneider: Hä, wat?
Beamt*in: Gesondheet, Här Minister?
Schneider: Sou ee Blödsinn, gesinn ech sou aus, wéi wa mech Gesondheetsaspekter interesséieren? De Scheich, deen Scheich interesséiert mech.
Beamt*in: Well dir Gesondheetsminister...
Schneider: Quatsch, géi direkt zeréck bei deen Scheich mam Space Center.
Beamt*in: Den Scheich vun Dubai, den Mohammed bin Rashid al Maktoum[42]?!
Schneider: Erziel mir mol méi vun deem, wat huet deen sou fir Visiounen?
Beamt*in: Den Mohammed bin Rashid ass Multimilliardär[43] an ewell 70 Joer al, huet mindestens 6 Fraen an schätzungsweis 30 Kanner[44]. Seng Ausbildung huet hien ënner anerem an England gemaach, hien wor genee wéi eise Grand-Duc zu Sandhurst[45] [46]. Den Scheich huet deen héichsten Tuerm vun der Welt zu Dubai baue gelooss[47] [48], huet sech déi deemols längste Yacht vun der Welt kaaf[49] an huet dat gréissten Akaafszenter vun der Welt, déi sougenannten "Mall of the World" opgemaach[50] - an zwar an engem Stadvéierel vun Dubai, dat no him selwer benannt ass[51]. Hien huet d'Emirates Fluchgesellschaft gegrënnt[52], ass Chef vun der Dubai Holding[53] ...
(Luucht geet baal ganz aus)
Beamt*in: Merde, wat ass dann elo lass?
Schneider: Wat ass geschitt?
Beamt*in: D'Luuchten sinn aus.
Schneider: Asou.
Beamt*in: Wahrscheinlech een Stroumausfall, ech ginn kucken, Här Minister *(geet vun der Bühn)*

---

purview.html
- Hannergrond vun deene juristeschen Ziler ass de Wonsch vu Lëtzebuerg an den VAE, de Weltraum kommerziell notzen ze däerfen. Scheich MBR 11.03.2019: https://twitter.com/HHShkMohd/status/1105103256647274498
- Richtung22 huet sech an engem Theatersték ausféierlech mat de Letzebuerger Weltraumambitiounen beschäftegt. Richtung22 20.09.2016: „Luxembourg's Private Space Explorevolutionary Superfancy Asteroid Tailoring" http://richtung22.org/space-mining/

41 Iwwersiicht Weltgesondheetsorganisatioun https://www.who.int/countries/are/en/
42 Ausso-kräftegen Interview mam Scheich von Dubai MBR. PRESS: BBC 2014: „Sheikh Mohammed (FULL) exclusive interview" https://www.youtube.com/watch?v=MeDb2nU9jKU
43 Et ass immens schwiereg dem Scheich säi Verméigen anzeschätzen, well et keng eendeiteg Trennung tëscht dem Staatsverméigen an dem Privatverméigen gëtt. Am Ranking vun de räichsten Monarchen steet den MBR jiddwerfalls zesummen mat Grand Duc op nr. 5. PRESS Business Insider 17.07.2019: „Meet the 10 richest billionaire royals in the world right now" https://www.businessinsider.com/royal-family-net-worth-worlds-richest-billionaires-ranked-2018-5?r=US&IR=T#t6-grand-duke-henri-luxembourg-5
44 Et ginn immens vill Quellen virun allem a „People"-Magaziner iwwer d'Privatliewen vum Scheich, seng Hochzäiten an d'Eskapaden vu senge männlechen Nokommen. PRESS Express 19.08.2019: „Dubai Princess Haya: The SIX wives of Dubai Sheikh - and more than 30 children" https://www.express.co.uk/news/world/1160076/dubai-princess-haya-sheikh-mohammed-bin-rashid-al-maktoum-wife-children-uae
45 PRESS: The Telegraph 15.05.2013: „Sandhurst, where wonderful warriors are made" https://www.telegraph.co.uk/news/uknews/defence/10059255/Sandhurst-where-wonderful-warriors-are-made.html
46 Dat zielt och fir déi näechst Generatiounen: E vum Scheich MBR senge Jongen, den Hamdan bin Mohammed al Maktoum huet zesummen mam Prënz Guillaume hieren Ofschloss 2001 zu Sandhurst gemaach.
47 PRESS: Business Insider 30.01.2019: „I visited the top of the tallest building in the world, and it was a colossal waste of time" https://www.businessinsider.com/burj-khalifa-dubai-uae-tallest-building-in-the-world-2019-1?r=US&IR=T#the-last-stop-of-course-is-the-gift-shop-35
48 'FUN' FACT: Dem Burj Khalifa seng Adress ass : 1 Sheikh Mohammed bin Rashid Blvd, Dubai
49 Informatiounen zur Yacht. Yacht Harbour: https://yachtharbour.com/news/premium-superyacht-owners--sheikh-mohammed-bin-rashid-al-maktoum-3364
50 Forbes 27.07.2018: „Dubai is set to build the worlds biggest mall" https://www.forbes.com/sites/brennancusack/2018/07/27/dubai-is-set-to-build-the-worlds-biggest-mall-again/
51 Iwwersiicht Tourismusbüro Dubai: https://www.visitdubai.com/de/pois/mohammed-bin-rashid-city
52 PRESS [VAE] Samaa 19.02.2019: „How Emirates Airline started three decades ago with two leased planes from PIA" https://www.samaa.tv/latest-news/2019/02/how-emirates-airline-started-three-decades-ago-with-two-leased-planes-from-pia/
53 Site vun Dubai Holding: https://dubaiholding.com/en/

Szene 3: Nei géint Al

Schneider: Freck, wat fir een Aarmut. Zu Dubai verbauen se 1,2 Mio LEDen an d'Facade vum héichsten Tuerm vun der Welt[54] an hei zu Lëtzebuerg flitt am Wirtschaftsministere de Stroum eraus. Dat kënnt dovunner, wann déi Gréng fir d'Energie zoustänneg sinn.
(Et klappt un der Dier)
Schneider: (Erféiert sech) Uah, wat wor dat?
(Et klappt nach eng Kéier)
Schneider: Ween kéint dat sinn? Ech duecht mir wieren duerch mat der Aarbecht vun haut, et ass schonn halwer 4.
(D'Dier geet ganz lues op)
Schneider: Hallo?
Friederatu: Gudden Owend Etienne.
Schneider: Ah, Luc Friederatu, du bass et, freck hues du mech lo awer erfouert. An wat soen se doiwwer an der Chambre de Commerce? Gefällt der däin neien Job?
Friederatu:*(Steet hannert dem Schneider, iwwerleet sech hien ze bäissen)* Ech muss leider soen, dass ech net immens begeeschtert dovunner sinn, wéi et de Moment hei leeft. Ech wor mol knapps e puer Méint erof vun der politescher Bühn a schonns ass aus menger diskreter Bankeplaz een eng Mickey-Mouse-Parade ginn.
Schneider: Dat ass déi nei Zäit, Luc. De Xav wollt jo d'Fënsteren grouss oprappe fir all deng Beamten rausgeheien ze kënnen[55]. Mir haten Transparenz versprach...
Friederatu: Kshhhhhhhh
Schneider: ... woubai Transparenz jo schlussendlech näischt aneschter heescht, wéi méi aggressiv an der Kommunikatiounsaarbecht ze sinn an eise Branding z'iwwerschaffen fir d'Image vun der Natioun...
Friederatu: Branding... Kommunikatiounsaarbecht... Image... Dir stellt iech op d'Place publique a jäizt no Opmierksamkeet a präsentéiert ee Blödsinnprojet no deem aneren, just fir nach méi Press ze kréien. Dat ass Gëft, purt Gëft fir d'Geschäfter.
Schneider: Et muss ee sech eben ervirdoen wann een sech hautzedags vermaarte wëll.
Friederatu: Eis Clientèle[56], déi Superräich ronderëmt Welt, déi brauchen Dis-Kret-Ioun[57]. Punkt. Mir bedreiwen Wealthmanagement[58], dat sinn sensibel Konstrukter, dat geschitt dezent, am Hannergrond.
Schneider: Däi Weltbild ass vereelst, Luc. Déi Räich a Mäechteg vun haut, déi déi eppes ze soen hunn, déi agéieren net méi am Hannergrond, mee déi weisen wat se hunn a wat se maachen. Dat si Leit mat Visiounen. An déi sichen sech selbstbewosst Partner mat Visiounen. *(schwätzt offensichtlech vu sech selwer)* Visiounen fir d'Welt vu muer. Visiounen fir d'Universum vu muer.
Friederatu: Partner mat nidderege Steieren, Punkt.[59]

---

54 PRESS: Stern: „Auf der Spitze des Größenwahns“ https://www.stern.de/reise/fernreisen/ratgeber-dubai/burj-khalifa-in-dubai--auf-der-spitze-des-groessenwahns-3584112.html

55 PRESS: Luxemburger Wort 28.02.2014: „Stühlerücken im Finanzministerium“ https://www.wort.lu/de/lokales/stuehleruecken-im-finanzministerium-5310d0c1e4b0b50317aafbcd

56 „Pas moins de 70% des sociétés du Fortune 500 possèdent leur base régionale à Dubaï, qui arrive régulièrement en tête du rapport annuel de la Banque mondiale sur la « facilité de faire des affaires » dans le monde arabe.“ Dës Informatioun fënnt een um Site vum Lëtzebuerger Pavillon wou et bei der Beschreiwung vun den Emirater haaptsächlech em déi potentiell Clientèle geet http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/expo-2020/dubai-uae/

57 Trotz automateschen Informatiounsaustausch a weiderem Drock vu baussen huet de Luc Frieden um Mantra vun der Diskretioun festgehalen. Beispill: Interview mam Tageblatt, 14.06.2012 um Enn vun senger Zäit als Finanzminister: „Das Modell der Zukunft heißt Bankdatenschutz. Der Bankkunde hat Recht auf eine gewisse Diskretion.“ https://mfin.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Binterviews%2B2012%2B06-juin%2B14-frieden.html

58 Fokus op Wealthmanagement – PRESS: Paperjam 27.10.2014: „Un bon pied à Dubai pour la BIL“ https://paperjam.lu/article/news-un-bon-pied-a-dubai-pour-la-bil

59 Aktuell Hannergrondlektür dozou: EU Kommissioun 2019: „Estimating International Tax Evasion by Individuals“ https://ec.europa.eu/taxation_customs/sites/taxation/files/2019-taxation-papers-76.pdf

Schneider: Et ass méi wéi dat, Luc. Et geet ëm den "Niveau de vie", et geet drëms sech ofzehiewen vum Recht. Hei, ech maan der eng Propose. Du kucks eis lo iwwer d'Schëller, wéi mir dës Weltausstellung organiséieren - an dann weisen ech dir, wéi een sech international an d'Gespréich bréngt an hautzedags Business mécht - Okay?
An wann et net klappt dann geet et mengentweegen back to basics.
(Handshake)
Schneider: Du wäers gesinn, dat gëtt super. *(rifft)* Maggy? Maggy?! Bréng mol d'Pläng vum Pavillon a mäi Büro w.e.g.

Szene 4: De Pavillon

(D'Luuchten ginn nees un)

Friederatu: Oh Gott, du mengs dach net d'Maggy Nagel?[60]
Schneider: Genee dat.
Friederatu: Wéi eng Qualifikatiounen huet dat dann?
Schneider: Hatt organiséiert de Pavillon jo net alleng, de Pavillon kritt en eegenen Direkter an fir de Recht ass jo den Groupement d'Interet economique zoustänneg. D'Maggy als Ex-Ministesch brauche mer fir Dieren opzemaachen.[61] [62] [63]
Friederatu: Jo okay, ech verstinn däi Punkt. D'ass jo awer normal dass een bei enger Fra no de Qualifikatioune freet.[64]
Schneider: Kloer. Mee hei geet et jo net ëm d'Qualifikatioun, mee ëm d'Symbolik. Wéi d'DP an der Chamberskommissioun sot: d'Nominatioun vun enger Fra ass ee staarkt a begréissenswäert politescht Signal fir déi Ustrengungen déi d'Emirater grad man.[65]

(*D'Maggy Nagel kennt mat engem Modell vum Pavillon an de Büro)*
Nagel: Mir kruuten een éischte Modell, Här Minister, et ass eng Metaform - ehm, nee Moment, et ass vu Metaform[66] [67], sou heescht den Architektur-Büro deen d'Ausschreiwung gewonnen huet[68].

60 PRESS: Luxemburger Wort 11.03.2016: „Wechsel ins Wirtschaftsministerium: Neuer Job für Ex-Ministerin Maggy Nagel“ https://www.wort.lu/de/politik/wechsel-ins-wirtschaftsministerium-neuer-job-fuer-ex-ministerin-maggy-nagel-56e2d31d1bea9dff8fa744bc

61 Froen vun der CSV an Äntwerten vum Minister Schneider aus dem Rapport vun der „Commission de l'Economie“. Chambre des députés 14.04.2016: https://chd.lu/wps/PA_ArchiveSolR/FTSShowAttachment?mime=application%2fpdf&id=67D9C2603FAA3FB896702F20CF24918B$F8BEF1A4EEDB2D79A8B9A0BCDB29D5DC&fn=67D9C2603FAA3FB896702F20CF24918B$F8BEF1A4EEDB2D79A8B9A0BCDB29D5DC.pdf

62 Hannert dem Pavillon steet de Grouppement d'interet économique. Beschreiwung um Site vum Pavillon: http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/about-us/management/

63 PRESS: Paperjam 01.07.2019: „La présence du Luxembourg à l’Expo de Dubaï se précise“ https://paperjam.lu/article/projet-luxembourg-a-expo2020-d

64 Wéi 61)

65 Zitat dozou aus dem Rapport (Quell wéi 61): „La représentante du groupe DP tient à souligner que son groupe appuie une participation du Luxembourg à la prochaine Exposition universelle. Ceci d’autant plus qu’une participation aiderait à appuyer les progrès politiques qui sont en train de se faire dans les Emirats arabes unis et, dans ce contexte, la nomination d’une femme en tant que commissaire général serait en soi un signal politique fort qui serait à saluer.“

66 Beschreiwung vum Pavillon um Site vu Metaform: http://www.metaform.lu/projects/luxembourg-pavilion-dubai-expo2020

67 PRESS: Archiduc 07.04.2017: „Metaform remporte Dubaï“ https://archiduc.lu/a/detail/news/metaform-remporte-dubai/142103#pid=1

68 Och den Architektur-Büro Metaform huet eng Wandlung hannert sech a gehéiert zum Konstrukt u Firmen aus Lëtzebuerg, déi zu Dubai vum Boom profitéiere wellen. Nach 2010 huet de Grënner vu Metaform, den Shahram Agaajani, zB. de Projet Stäereplaz als Gefor fir en „développement d'enclaves privatisées“ gesinn (1) a sech 2015 nach fir eng gutt Ennerbréngung vu Refugees agesat (2) – mam Bau vum Pavillon zu Dubäi a mam Opmaachen vun engem Bureau sur place fir och un anere Ausstreiwungen zu Dubai deelhuelen ze kennen (3)(4) steet hien lo contraire zu senge vermeintlech idealisteschen Iwwerleeungen (5).
(1) Lëtzebuerger Land 06.04.2018: „The Void“ http://www.land.lu/page/article/096/334096/FRE/index.html
(2) Lëtzebuerger Land 20.11.2015: „Quelle architecture pour l’urgence?“ http://www.land.lu/page/article/705/8705/DEU/index.html

Mir hunn eis do schlussendlech fir een vun den deiersten[69], ehm, schéinsten entscheed.
Schneider: Gesäis de mol Luc, dat hei ass eppes aneschtes wéi dat Hexenhéischen, dat dir zu Shanghai opgeriicht hat.[70]
Friederatu: Dräi chineschesch Banken kruut ech domat op Lëtzebuerg![71]
Schneider: Jo, mee däi Pavillon hat keng Ausso, kee Message...
Nagel: D'Form spiggelt d'Iddi vun der Zirkumzisiär Economie erëm... ehm, Zirkulär Economie[72].
Friederatu: Wat soll dat sinn?
Schneider: Dat ass vum Rifkin.[73]
Friederatu: An dat heescht?
Schneider: De Rifkin, dat ass ee Mann mat Visiounen[74], ee groussen Virdenker vun...
Friederatu: D'ass gutt, ech hu verstaan.
Nagel: Am Pavillon hu mer dann ee Parcours deen laanscht een Stäerenhimmel mat klengen SES-Sateliten féiert, d'Festungsmaueren weist an dann geet et op enger Rutschbahn duerch eng Replikatioun vum Mëllerdall[75] nees erof bis bei de Luxembourg-Shop - do kënnen d'Leit dann déi Poschen kaafen, fir déi all d'Premier-E Klassen aus dem Land de roude Léiw gerelooked hunn.[76]
Sou setze mir de Geescht vun der Erneierung vu Lëtzebuerg en valeur, eis oppen, inklusive an kolaborativ Approche an de Wëllen vu Lëtzebuerg sech ëmmer nei ze erfannen andeems mer op

(3) Paperjam 12.02.2018: „Metaform ouvre un bureau à Dubaï“ https://paperjam.lu/article/news-metaform-ouvre-un-bureau-a-dubai
(4) RTL 14.06.2019: „Lëtzebuerger Pavillon zu Dubai soll 32 Milliounen € kaschten“ https://www.rtl.lu/kultur/news/a/1362555.html
(5) Quotidien 03.04.2018: „Architecture: Le Luxembourg a réusii à se mettre en avant dans le monde“ https://www.lequotidien.lu/economie/architecture-le-luxembourg-a-reussi-a-se-mettre-en-avant-dans-le-monde/

69 Oplëschtung vun deenen eenzelnen Virschléi duerch d'Chambre de Commerce (och en Indice dofir wéi dee ganze Prozess net duerch staatlech Intitutiounen, mee duerch d'CC gelenkt gëtt): https://www.cc.lu/uploads/media/Brochure-Le-Luxembourg-en-route-pour-lEXPO-2020-DUBAI.pdf

70 Regierung LU: https://shanghai.mae.lu/en/China-Luxembourg-relations/Luxembourg-at-the-Expo-2010-Shanghai an http://luxembourg.public.lu/de/actualites/2010/03/29-exposition-shanghai/index.html an https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/articles/2010/05-mai/01-pavillonshanghai.html

71 Den Pavillon zu Shanghai hat zum Zweck, wirtschaftlech Bezéiungen ze stäerken an deren Kader déi dräi Banken ICBC, Bank of China an CCB op Letzebuerg komm sinn. Luxembourg for Finance. Generell Informatiounen iwwert déi wirtschaftlech Bezéieungen tëscht Lëtzebuerg a China: https://www.luxembourgforfinance.com/wp-content/uploads/2019/06/LFF_leo_mag_china_.pdf ; PRESS Delano 30.10.2013: „CCB builds EU business in Luxembourg“ https://delano.lu/d/detail/news/ccb-builds-eu-business-luxembourg/110918

72 Aus der Präsentatioun vum Thema vum Pavillon: „At the core lies a truly global project embedded in the principles of a circular economy, exemplified by its architectural, functional and scenographic aspects“ Site vum Pavillon 19.12.2016: „Luxembourg will be present at EXPO 2020 DUBAI under the theme “Resourceful Luxembourg”“ http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/en/2016/12/19/la-presence-du-grand-duche-de-luxembourg-a-lexposition-universelle-2020-a-dubai-sera-concue-sous-le-theme-resourceful-luxembourg/ ; Delano 06.12.2018: „Luxembourg goes circular for Dubai World Expo 2020“ https://delano.lu/d/detail/news/luxembourg-goes-circular-dubai-world-expo-2020/197778

73 Lëtzebuerg hat den Ökonom Jeremy Rifkin engagéiert fir e Plang fir d'“Drëtt industriell Revolutioun“ zu Lëtzebuerg auszeschaffen. Regierung LU 14.11.2016: „Die dritte industrielle Revolution in Luxemburg“ http://luxembourg.public.lu/de/actualites/2016/11/15-rifkin/index.html . Dass de wuesstumsorientéierte Wirtschaftsmodell der vum Rifkin ervirbruechten Logik entgéint steet a grad den Etienne Schneider mat Projeten wéi dem Space-Mining all Zort vun Nohalteger Entwécklung widdersprécht huet kee gestéiert. PWC / Wirtschaftsministère 30.03.2018: „Tomorrow’s economic growth was the focal point of the 12th Journée de l’Économie“ https://www.pwc.lu/en/press-releases/2018/spotlight-on-sustainable-growth.html

74 Dem Luc Frieden sengem Konzept vun der Diskretioun gëtt hei am Stéck dem Etienne Schneider seng baal fanatesch „Visiouns“-Rhetorik entgéintgesat. Beispill: Tageblatt 30.09.2016: „Luxemburg miss so visionär und vorausschauend bleiben wie bisher“ http://www.tageblatt.lu/nachrichten/luxemburg-muss-so-visionar-und-vorausschauend-bleiben-wie-bisher-25886801/

75 Präsentatioun vum Pavillon inclusive Parcours (a Rutschbahn) https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2019/06-juin/Dossier-Dubai-2020.pdf an http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/wp-content/uploads/2017/04/20_Schema-parcours.jpg Rutschbahn a Shop ginn och nach eng Kéier speziell ervirgehuewen um offizielle Site vun der Expo: https://www.expo2020dubai.com/de/discover/pavilions/luxembourg

76 PRESS: RTL 12.06.2019:„Am Kader vun der Weltausstellung gëtt eist Nationalsymbol nei interpretéiert“ https://www.rtl.lu/kultur/news/a/1361635.html

qualitativen Wuesstum setzen.[77]
Schneider: Schéin Wierder!
Nagel: Dat si jo och är Wierder, Här Minister.
Friederatu: Dat si virun allem eidel Wierder. An dat ass een eidelen Pavillon. Hei gett vill waarm Loft produzéiert, a waarm Loft kann ee jo wuel kaum an Dubai verkafen. Déi entscheedend Fro ass wéi eis Finanzplaz do agebonnen ass?
Nagel: Finanzen? Den Här Minister hat jo 20 bis 25 Mio €. ugekënnegt, mengen do si mer mat den aktuellen 32 Mio € fir de Pavillon, inklusive Szenografie a Verschrottung, eh Pardon, Recycling, absolut nach an der Rumm.[78] [79]
Friederatu: Ech schwätzen net vum Budget fir deen meta - Toiletterouleau deen der do an de Sand setzt. Ech schwätzen vun FinTech, vum Islamic Banking, vun der Blockchain, vun eiser Partnership in global Finance[80] [81]. Vum Marriage vun der Finanzplaz Dubai an der vu Lëtzebuerg, dem Grond firwat ech Joerelaang dorof geflunn sinn an firwat den Pierre Gramegna do permanent rof flitt.[82]

---

77 Zitat vum Etienne Schneider vun der Pressekonferenz den 7.04.2017 https://abudhabi.mae.lu/fr/News/Luxembourg-Pavilion-for-Expo-2020-Dubai-Revealed

78 PRESS: 100komma7 11.01.2018: „38 Milliounen Euro fir Lëtzebuerger Projet“ https://www.100komma7.lu/article/kultur/letzebuerger-projet-kascht-ronn-38-milliounen-euro

79 D'Käschten vum Pavillon wor bis elo och d'Thema, dat d'Press zu Lëtzebuerg am meeschten interesséiert huet, genee sou wéi sech d'Oppositioun an der Chamber sech och primär fir d'Käschten interesséiert huet: QP CSV https://csv.lu/2016/03/letzebuerg-op-der-weltausstellung-zu-dubai-firwat-a-wat-kascht-et/qp-1901/ an QP Piraten: https://www.piraten.lu/32-milliounen-euro-fir-ee-regierungspavillon-an-dubai/

80 Luxembourg for Finance 12.2018: „Luxembourg and UAE: Partners in global Finance“ https://www.luxembourgforfinance.com/wp-content/uploads/2018/12/LFF_BROCH_BIOS_DUBAI.pdf

81 Weider Quellen, fir déi Aktuell Enjeuen an Interessen vun der Lëtzebuerger Finanzplaz novollzéien ze kënnen: Chambre de Commerce 13.10.2017: „Middle East - Luxembourg: A New Boost“ https://www.cc.lu/fr/actualites/detail/middle-east-luxembourg-a-new-boost/ ; Banque de Luxembourg 08.02.2017: „La bancque de Luxembourg participe à la mission financière à Dubai“ https://www.banquedeluxembourg.com/en/bank/bl/blog/-/blogpost/la-banque-de-luxembourg-participe-a-la-mission-financiere-lff-a-dubai#page-02 ; Arendt 2017: https://www.arendt.com/jcms/gen_10497/en/lff-luxembourg-and-uae-partners-in-global-finance-13-february-2017-dubai

82 Eng kuerz Iwwersiicht iwwer d'Wirtschaftsmissiounen vu Lëtzebuerg an d'Emirater, bedeelegt woren eben, nieft dem Ierf-Grand-Duc an der Haaptsaach d'Finanzministeren Frieden an Gramegna.
- *2004:* Éischt Präsenz vu Lëtzebuerg op der „Big 5 Show“ (Constructiouns-secteur), ënnerstetzt vum Wirtschaftsministère.
- *2005:* Frieden / Éischt Missioun (Quellen: 12, 13)
- *2010:* Frieden / PRESS [VAE] Gulf News 14.01.2010: „UAE-Luxembourg finance centres strengthen relations“ https://gulfnews.com/business/uae-luxembourg-finance-centres-strengthen-relations-1.567743
- *2011:* Asselborn & Krecké / Monarchie 20.11.2011: „Mission économique aux Émirats Arabes Unis et au Qatar“ http://www.monarchie.lu/fr/actualites/evenements/2011/11/gdh-mission-emirates/index.html
- 2013: Frieden / „Caravanne publicitaire“ PRESS: Land 10.05.2013: „Caravanne publicitaire“ http://www.land.lu/page/article/329/6329/DEU/index.html
- 2014: Bettel & Gramegna / Regierung LU 28.10.2014: „Xavier Bettel et Pierre Gramegna aux Émirats Arabes unis“ https://gouvernement.lu/fr/gouvernement/xavier-bettel/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2014%2B10-octobre%2B28-bettel-gramegna-wief.html
- 2015: Gramegna / Regierung VAE 04.03.2015: „The Ministry of Finance hosts the first UAE-Luxembourg Council for Islamic Finance Cooperation meeting“ https://www.zawya.com/mena/en/press-releases/story/The_Ministry_of_Finance_hosts_the_first_UAELuxembourg_Council_for_Islamic_Finance_Cooperation_meeting-ZAWYA20150304110214/
- 2016: Schneider / Lux@Dubai 24.10.2016: „Le Luxembourg confirme sa participation à l’Expo 2020 à Dubaï“ http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/2016/10/24/lorem-ipsum-news/
- 2017: Schneider & Bausch / Monarchie 09.10.2017: „Mission économique aux Emirats Arabes Unis“ http://www.monarchie.lu/fr/actualites/evenements/2017/10/09102017-missioneco/index.html an PRESS: Paperjam 09.10.2017: „Espace commun pour le Luxembourg et les Émirats arabes unis“ https://paperjam.lu/article/news-espace-commun-pour-le-luxembourg-et-les-emirats-arabes-unis
- 2018: Gramegna / Regierung VAE 21.06.2018: „HE Obaid Humaid Al Tayer meets Luxembourg's Minister of Finance, Pierre Gramegna“ https://www.zawya.com/mena/en/press-releases/story/HE_Obaid_Humaid_Al_Tayer_meets_Luxembourgs_Minister_of_Finance_Pierre_Gramegna-ZAWYA20180621105449/
- 2019: Gramgena / Regierung VAE 16.06.2019: „H.E. Obaid Humaid Al Tayer Meets Luxembourg’s Minister of

Schneider: A wéi sollt dee Pavillon dann ausgesinn? Eng Ausstellung vu Bréifkëschten an Taxrulings? Hahaha. Gudde Witz. Vu mir.
Friederatu: Maach du roueg de Geck. Wat ech mengen ass, dass de ganzen Firlefanz zevill Opmierksamkeet op eist Land zitt. De lëtzebuerger Stand op der Expo zu Mailand, 2015[83], also kuerz no der Luxleaks-Affär[84]: Deen wor genial, deen wor onopfälleg an dezent.
Nagel: Un der Expo zu Mailand huet Lëtzebuerg guer net Deel geholl.[85] [86]
Friederatu: Majo eben.
Schneider: D'Thema vun der Expo deemols wor Welternährung: "Feeding the planet - Energy for Life". Dat Thema wor fir eis oninteressant[87] *(zum Publik)* Dat hunn ech wierklech sou gesot.
Nagel: Jo, mee dofir steet bei eis dëst Joer awer d'Restauratioun mat am Mëttelpunkt, ech schaffen schonn zanter Méint zesummen mat der Dikkrecher Hotelsschoul un engem Menu.[88] [89] Wat halt dir vun enger Feierstengegungszalot, eng kleng Krichszopp mat kolateralem Geméiss-Schued. Juif[90] mat Gaardebommen an als Dessert eng Region flambée?
Schneider: *(Ignoréiert d'Nagel)* D'Thema vun dëser Ausstellung jiddwerfalls ass eppes fir richteg Visionäre: "Connecting the Minds - Creating the future"[91]. Dat passt bei eis. Mir createn och den future.
Friederatu: Mir hu deenen do ënnen net joerelaang bei all Wirtschaftsmissioun den Ierf-Grand-Duc ronderëm d'Oueren geschloen[92] fir dass eis do lo mat deem iwwerdimensionéierten Pavillon an Space Mining-Blödsinn lächerlech méchs an d'Press op eis hetzt.
Schneider: Mee tschö, mir brauchen d'Press wa mer räich Privatclienten op eis opmierksam maachen wëllen. De Weltraum huet eis gutt Press bruecht[93] an dee Pavillon mat eise Visiounen bréngt eis gutt Press.[94] Kuck, mir woren zum Beispill dat alleréischtent Land dat fir des Expo

---

Finance“ https://www.mof.gov.ae/en/media/materials/News/Pages/1662019.aspx

83 Offizielle Site vun der Expo zu Mailand http://www.expo2015.org/

84 ICIJ: Iwwersiicht Luxleaksskandal: https://www.icij.org/investigations/luxembourg-leaks/

85 PRESS: L'essentiel 03.09.2012 „Luxemburg spart sich die Expo 2015 in Mailand“ http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/luxemburg-spart-sich-die-expo-2015-in-mailand-22319015

86 Lëtzebuerg wor allerdéngs mat enger Delegatioun fir e puer Deeg zu Mailand. LuxLeaks wor och hei d'Thema, dat d'Delegatioun an d'Defensiv gezwongen huet. Chambre de Commerce 01.10.2015: „Une grande délégation luxembourgeoise, menée par le Ministre des Finances, Pierre Gramegna, visite l’Expo Milano 2015“ https://www.cc.lu/de/nachrichten/detail/grande-delegation-luxembourgeoise-menee-par-le-ministre-des-finances-pierre-gramegna-visite-l/

87 Wéi 83)

88 Opruff vun der HORESCA https://www.horesca.lu/documents/download/141/horesca-magazine-2019-n%C2%B08

89 PRESS: Land 28.06.2019: „32 Milliounen Euro an de Sand“ http://www.land.lu/page/article/633/335633/DEU/index.html

90 Op d'Kricher a weider Mënscherechtsverbriechen gett méi spéit agaangen, hei kuerz Informatiounen iwwert den Antisemitismus an den VAE, deen bis 2010 staatlech gefördert gouf – et goufen e.a. Holocaus-Leugnungs-Konferenzen organiséiert, Antisemitesch Karrikature verbreed, vu Judde geschriwwe Bicher verbueden a Websäiten aus Israel gespaart https://2001-2009.state.gov/g/drl/rls/hrrpt/2003/27940.htm . E Wiessel gouf et aus geostrategeschen Interessien fir eng Allianz mat Israel an deenen Joeren duerno an 2019 dann déi gesetzlech Toleranz vum jüddeschen Glawen. https://www.ynetnews.com/articles/0,7340,L-5458305,00.html *(!!Keng Onofhängeg Quell!!)*

91 https://www.expo2020dubai.com/de/discover/themes

92 Zanter 2010 wor den Ierf-Grand-Duc Guillaume min. 8 mol an den Emirater (vgl. Quell 82)

93 Analyse iwwer d'Presseaarbecht zum Thema Space-Mining am R22 Stéck vun 2016 http://richtung22.org/space-mining/

94 Beispiller fir erschreckend eesäiteg Presseberiichter aus Lëtzebuerg:
- RTL Tele 02.04.2019: https://www.rtl.lu/video/3158327
- L'essentiel 15.04.2016: „Dubai «einzigartige Chance» für Luxemburg“ http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/dubai-einzigartige-chance-fur-luxemburg-22221269
- Tageblatt 14.06.2019: „Das wirtschaftliche Potenzial einer Weltausstellung: Regierung hält Präsenz auf Expo in Dubai für gewinnbringend“ http://www.tageblatt.lu/politik/nationalpolitik/das-wirtschaftliche-potenzial-einer-weltausstellung-regierung-haelt-praesenz-auf-expo-in-dubai-fuer-gewinnbringend/

zougesot huet[95] [96] a woren dowéinst iwwerall an den News.[97]
Nagel: Dir Hären, mir diskutéieren hei a mierken net wéi d'Zäit vergeet. Mir mussen an de Fliiger, deen éischten Spuetstéch zu Dubai steet un.
Friederatu: Dat geet schief aus.
Schneider: An lass geet et.

Szene 5: D'Rees op Dubai
(An zwee gemittlechen Sesselen setzen den Friederatu an de Schneider an der éischter Klass op Dubai)

Schneider: *(gutt gelaunt, mat Schampes, bliedert duerch Brochuren)* Dat ass zwar ëmmer nees eng fein Saach, éischt Klass op Dubai. Voyage Emile Weber huet iwweregens hiere Package fir d'Weltausstellung präsentéiert, falls de näechst Joer awer mat rofkomme wëlls: 7 Deeg all inklusive, Visite vun hierer Indoor-Ski-piste a vum Louvre.[98] Komesch, ech duecht, den Louvre stéing zu Mailand. Jiddwerfalls ass do och ee VIP Pass fir de lëtzebuerger Pavillon mat dobäi, do gëtt et dann een Aperitif an zwee Gadgeten aus dem Souvenir-Shop gratis mat dobäi.
Friederatu:*(Schlecht gelaunt, mat Spruddelwaasser)* Keen Interessi.
(Kaméidi vun hannert dem Rideau)
Kënschtler*in: Dat wosst ech guer net, dat huet mir keen gesot.
Schneider: Mee dat hei kéint dech interesséieren: Hues de gesinn dass d'Police zu Dubai hier Flott nach eng Kéier erweidert, se hu lo e Porsche, e Ferrari, e Lamborghini an e Buggatti op der Strooss. An ee Brabus White Star fir duerch d'Wüst ze cruisen. Kascht iwwer 300.000 Euro d'Stéck.[99] Ech kruut zu Lëtzebuerg just Teslaen duerch.
Kënschtler*in: Nee mee éierlech, ech protestéieren. Dat do verstéisst awer lo wierklech géint all Prinzipien.
Schneider: Oder dat hei ass eppes fir eis zwee als Ex-Verdeedegungsminister. Wa mer herno nach Zäit hunn, maache mer ee klengen Tour iwwert d'IDEX, "the international defence exhibition", zéien eis eng Demonstratioun vu Panzeren eran[100] an da schécke mer dem Francois Bausch eng Wonschlëscht.
Kënschtler*in: Wat sinn dat dann fir Konditiounen?
Schneider: Mee zut. Wat ass dann do hanne lass? Maggy?
Nagel:*(kennt hannert dem Rideau erfier)* Dir hudd geruff?
Schneider: Hei, kënnt der dohannen an der Economy-Class net ee bëssi méi roueg sinn, dir stéiert mech bei... wichtege Saachen.
Nagel: T'deet mer Leed, dat ass déi Kënschtlerin déi mer matgeholl hunn[101], déi ass ee bëssi

95 Regierung LU 12.10.2017: „Luxembourg becomes first country to seal participation contract in Expo 2020 Dubai“ https://www.luxinnovation.lu/news/luxembourg-becomes-first-country-to-seal-participation-contract-in-expo-2020-dubai/
96 Den offizielle Bréif an deem den Xavier Bettel dem Scheich vun Dubai MBR d'Bedeelegung vu Lëtzebuerg zouseet, 09.06.2016: http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/wp-content/uploads/2016/12/Lettre-%C3%A0-SA-Cheikh-Mohammed-bin-Rashid-Al-Maktoum-Vice-Pr%C3%A9s-et-PM-des-Emirats-arabes-unis-20160609.pdf
97 PRESS: Luxemburger Wort 25.10.2016: „Weltausstellung 2020 in Dubai: Luxemburg bestätigt Teilnahme“ https://www.wort.lu/de/politik/weltausstellung-2020-in-dubai-luxemburg-bestaetigt-teilnahme-580f5c185061e01abe83aec8 ; L'essentiel 25.10.2016: „Luxemburg bestätigt Teilnahme an Expo 2020“ http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/luxemburg-bestatigt-teilnahme-an-expo-2020-26482153
98 Emile Weber: „Erleben Sie die spektakuläre Weltausstellung!“ https://www.emile-weber.lu/de/reiseangebot/id/5176.html
99 PRESS: NZZ 14.12.2017: „Die Luxusflotte der Polizei von Dubai“ https://bellevue.nzz.ch/auto-gadgets/exklusiver-polizeifuhrpark-die-luxusflotte-der-polizei-von-dubai-ld.1332170
100 Offizielle Site: https://idexuae.ae/ an Virféierung vu Waffen op der IDEX https://www.youtube.com/watch?v=gGXrHJzWfnU
101 FOCUNA: Aacht Konschtschafender aus 7 verschiddenen kreative Beräicher goufen selektionéiert: D'Julie Conrad, Adolf El Assal, Guy Helminger, Karolina Markiewicz, Pascal Piron, Simone Mousset, Patrick Muller, Renelde Pierlot https://www.focuna.lu/fr/News/Le-collectif-d-artistes-selectionne-pour-concretiser-le-volet-culturel-lors-de-la-presence-luxembourgeoise-a-l-Expo-2020-Dubai-en-voyage-de-prospection-aux-Emirats-arabes-

nervös.
Schneider: Mir hunn eng wat matgeholl?
Nagel: Eng Kënschtlerin.
Friederatu: Oh Gott.
Schneider: Hä, mee firwat dat dann?
Nagel: Dat mécht een eben sou neierdéngs, gehéiert mat an eise Nation Branding Plang[102].
Friederatu: Mat eisem Land geet et wierklech d'Baach of, wa mir lo schonn sou ee Krätz mathuelen.
Schneider: Hätte mer net einfach ee Bild mathuele kënnen?
Kënschtler*in: *(kënnt och lo duerch de Rideau no vir, Zaitungen am Grapp)* Hei ass ee Mann aus Groussbritanien an den Emirater verhaft ginn an an de Prisong komm well hien ee Fussball-Trikot vun der Qatari-Nationalequipe gedroen huet. D'Weisen vu Sympathie fir de Qatar a gëtt zanter 2017 mat Prisongsstrofen vu bis zu 15 Joer bestroft.[103]
Nagel:*(Versicht Kenschtlerin ze berouegen)*: D'ass alles okay, mir hu keng Trikoten un...
Kënschtler*in: E bekanntent kanadescht Model gouf um Flughafen zu Dubai festgehalen a schlussendlech nees ausgewisen well hatt Transgender ass. D'Behörden hunn dat mat engem Gesetz begrënnt no deem et zu Dubai de Männer verbueden ass Fraen ze imitéieren.[104]
Nagel: Jo, mee dat ass jo bei eis och net de Fall, oder?
Kënschtler*in: Den Matthew Hedges, 31-jähregen PhD-Student aus Groussbritanien gouf an engem 5 minütegem Geriichtsverfahren zu liewenslänglechen Prisong wéinst Spionage veruerdeelt well en Recherchen iwwer d'Rüstungspolitik vun den Emirater gemaach huet. Hien koum no Méint éischt no e puer Interventiounen vum Theresa May fräi.[105]
Schneider: Wat ass ee PhD?
Kënschtler*in: D'Norwegerin Marte Dalelv geet zu Dubai bei d'Police well hatt vergewaltegt gouf an gëtt doropshin verhaft wéinst Sex ausserhalb vum Bestiednis an dem Konsum vun Alkohol. Hatt wier 16 Méint a de Prisong komm, wann d'Norwegesch Regierung net eng Begnadegung duerch de Scheich Mohammed bin Rashid hätt erwierke kënnen.[106]
Schneider: Ah, gesidd der, e gudde Mann, deen Scheich. Deen ass iwweregens och Sonderbeoptragten vun der Emirati-Regierung fir d'Rechter vun de Fraen.[107] An elo halt op Iech opzereegen, dass sou Geschichten do ënnen eben virkommen, wosste mir dach all schonn virdrunner.

---

unis-

102 Eent vun den véier deklaréiertent Zil vun d'Regierung op der Expo2020Dubai ass den Nation Branding, sou geet et aus der Äntwert vum Etienne Schneider op eng parlamentaresch Ufro vun der CSV ervir. Chambre des députés 14.04.2016: https://chd.lu/wps/PA_ArchiveSolR/FTSShowAttachment?mime=application%2fpdf&id=E534B0A25A4217BBEFFD429FE137A0A7$A52B574A12A3EAEE8AF975C677025D5A&fn=E534B0A25A4217BBEFFD429FE137A0A7$A52B574A12A3EAEE8AF975C677025D5A.pdf

103 PRESS: Der Spiegel 05.02.2019: „Brite trägt Katar-Trikot und landet im Gefängnis“ https://www.spiegel.de/sport/fussball/vereinigte-arabische-emirate-brite-traegt-katar-trikot-und-landet-im-gefaengnis-a-1251725.html ; The telegraph 05.02.2019: „British football fan arrested for wearing Qatar shirt in UAE“ https://www.telegraph.co.uk/news/2019/02/05/british-man-arrested-wearing-qatar-football-shirt-uae/

104 PRESS: Time Magazine 12.08.2016: „Model Gigi Gorgeous Says She Was Detained at Dubai Airport for Being Transgender“ https://time.com/4447749/transgender-gigi-gorgeous-dubai-detained/ : HuffPost 10.08.2016 „Gigi Gorgeous Was Allegedly Detained In Dubai Airport Because She’s Trans“ https://www.huffpost.com/entry/gigi-gorgeous-dubai-airport-transgender_n_57ab2f3be4b06e52746e78cf

105 PRESS: The Guardian 22.11.2018: „Matthew Hedges: British academic accused of spying jailed for life in UAE“ https://www.theguardian.com/world/2018/nov/21/british-academic-matthew-hedges-accused-of-spying-jailed-for-life-in-uae ; The New York Times 21.11.2018: „Matthew Hedges, British Student, Is Jailed for Life on Spying Charges in U.A.E.“ https://www.nytimes.com/2018/11/21/world/middleeast/matthew-hedges-uae.html

106 PRESS: „Dubaï : Marte Dalelv, violée puis condamnée, est graciée“ 22.07.2013 NouvelObs https://www.nouvelobs.com/monde/20130722.OBS0484/dubai-marte-dalelv-violee-puis-condamnee-est-graciee.html ; The Guardian 26.11.2015: UAE imprisoning rape victims under extramarital sex laws – investigation https://www.theguardian.com/world/2015/oct/26/hundreds-of-women-prosecuted-for-extramarital-sex-in-uae-finds-bbc

107 https://uaecabinet.ae/en/details/news/mohammed-bin-rashid-attends-first-meeting-for-uae-gender-balance-council-approves-gender-balance-index [STAATLECH PROPAGANDA VAE] Sheikh Mohammed Praises Emirati Women 28.08.2016 EmiratesWoman https://emirateswoman.com/sheikh-mohammed-praises-emirati-women/

Nagel: Also mir wor dat zwar och net sou bewosst.
Kënschtler*in: Mir wor dat sou och net bewosst. Ech protestéieren.
Schneider: Dir hudd all en Vertrag ënnerschriwwen. Also passt der elo einfach ee bëssi op do ënnen an da wäert scho keen hei an de Prisong wanderen, voila.
Kënschtler*in: Homosexualitéit ass illegal zu Dubai[108] [109] an a weidere Länner an der Regioun. Nach virun e puer Joer gouf vun den Golfkooperatiounsstaaten probéiert een medezineschen Test un der Grenz anzeféieren, fir Homosexueller z'erkennen an auszefilteren.[110]
Schneider: Moment, déi Reegel ass ni wierklech a Kraaft getrueden
Kënschtler*in: Jo, awer just well et d'Angscht gouf, dass et virun der WM 2022 zu Katar an der Expo 2020 zu Dubai schlecht Press géif ginn[111].
Schneider: Dir maacht iech vill ze vill Suergen an mat Suergen kënnt een net wäit am Liewen.
Nagel: Mee Här Minister, et geet jo lo manner ëm de Fait ween vun eis wéinst wat verhaft gi kéint, mee dorëms dass dat Land wéinst deene Gesetzer schonn an der Press kritiséiert gouf.
Schneider: Jo an?
Nagel: Mengt der net do besteet d'Gefor dass mir lo och selwer schlecht Press kréien wa mir eis un der Weltausstellung an engem Land bedeelegen wou sou Geschichten geschéien?
Schneider: Hä? Ma nee, firwat dat dann? Mir ginn dach do rof fir eise Pavillon opzebauen, dat huet guer a glat näischt mat iergendwelchen eenzelne Fäll vu klenge Probleemer an deem Land ze dinn.
Nagel: Jo mee wat wann eis lëtzebuerger Press dat awer net sou versteet an sech informéiert wéi et mat Zensur[112] [113], Folter[114] a Fraerechter[115] zu Dubai steet?
Schneider: Ah, merde *(Hien gëtt op ee mol nervös).* Mee dat kann am Fong net sinn, zu Lëtzebuerg mécht d'Press traditionell keng Recherche.
Friederatu: Also do kann ech zwar lo och definitiv Entwarnung ginn. Dat hei woren jo lo alles

---

108 Rapport ILGA 2019 (Golfregioeun an VAE ab Säit 138) https://ilga.org/downloads/ILGA_State_Sponsored_Homophobia_2019.pdf

109 PRESS: The New York Times 11.11.2017: „Holding Hands, Drinking Wine and Other Ways to Go to Jail in Dubai“ https://www.nytimes.com/2017/11/11/world/middleeast/dubai-crimes-united-arab-emirates-jail.html ; Beispill vun engem rezente Fall: The Independent 07.10.2017 „Dubai: British tourist faces jail 'for accidentally touching man's hip' in bar“ https://www.independent.co.uk/news/world/middle-east/dubai-british-scottish-man-hip-tourist-jail-accidentally-bar-jamie-harron-stirling-latest-a7987701.html

110 PRESS: HuffPost 10.09.2013: „Gulf Countries Propose Test To ‘Detect’ Gays, Ban Them From Entering“ https://www.huffpost.com/entry/gulf-countries-detect-gays_n_4065927 ; The Guardian 13.10.2013: „Gulf countries consider medical checks to bar transgender expats“ https://www.theguardian.com/world/2013/oct/11/gulf-countries-medical-checks-transgender-expats

111 IBTimes 01.07.2014: „Qatar 2022: Gulf States 'Gay Tests' Trigger World Cup Boycott Call“ https://www.ibtimes.co.uk/qatar-2022-kuwait-gay-tests-fifa-world-512285

112 Zensur an den VAE: Iwwersiicht Freedomhouse 2018 https://freedomhouse.org/report/freedom-net/2018/united-arab-emirates an Reporter ouni Grenzen (VAE op Plaz 133 vun 180): https://www.reporter-ohne-grenzen.de/emirate/

113 Xenia Tabitha Gleissner 02.07.2019: „Vereinigte Arabische Emirate: Zwischen Zensur und unbegrenzten Möglichkeiten“ https://www.academia.edu/39692139/Arabische_Medien._Vereinigte_Arabische_Emirate_Zwischen_Zensur_und_unbegrenzten_M%C3%B6glichkeiten

114 Joeresberiichter an Iwwerblécker vun diversen Menscherechtsorganisatiounen :
- Amnesty International 2018: https://www.amnesty.de/jahresbericht/2018/vereinigte-arabische-emirate
- Human Rights Watch 2017: https://www.hrw.org/world-report/2017/country-chapters/united-arab-emirates
- Emirates Centre for Human Rights: https://www.echr.org.uk/en
- UNHCR: https://www.refworld.org/cgi-bin/texis/vtx/rwmain?page=search&skip=0&query=&coi=ARE

115 Diskriminatioun duerch d'Gesetz: „[...] For a woman to marry, her male guardian must conclude her marriage contract; men have the right to unilaterally divorce their wives, whereas a woman must apply for a court order to obtain a divorce; a woman can lose her right to maintenance if, for example, she refuses to have sexual relations with her husband without a lawful excuse; and women are required to “obey” their husbands. A woman may be considered disobedient, with few exceptions, if she decides to work without her husband’s consent.
UAE law permits domestic violence. Article 53 of the penal code allows the imposition of “chastisement by a husband to his wife and the chastisement of minor children” so long as the assault does not exceed the limits of Islamic law. Marital rape is not a crime.“ HRW 2019 https://www.hrw.org/world-report/2019/country-chapters/united-arab-emirates

Fäll an déi eben Auslänner verwéckelt woren, an dat geet dann blöderweis un d'Press. Wann se hier eegen Leit am Prisong verschwanne loossen, an do stoungen tatsächlech e puer gutt Menschejuegden noom sougenannten arabeschen Fréijoer un[116] [117], interesséiert dat kee Mënsch a mat Sécherheet net déi westlech Press.
Nagel: D'Zäiten hu sech geännert, Här Friederatu. Wat wa sech eis Press schlussendlech awer dofir interesséiert? Eis Dubai-Missioun dauert Joeren an et muss just eng kleng Stagière an enger vun de Redaktiounen aus Langweil op d'Iddi kommen net just eis Pressecommuniquén ze kopéieren, mee zum Beispill „Mënscherrechter Emirater“ op Wikipedia anzetippen[118].
Schneider: Dat... dat wäert jo wuel net geschéien, oder?
Nagel: D'Press kéint et kontextualiséieren. A wéi sti mir dann do? Wéi wa mir eng mënscheveruechtend Diktatur ënnerstëtze géifen. Wat wäert den Asselborn soen.
Schneider: Merde alors.
Nagel: Dann kënnt eise ganze Pavillon a Verruff.
Friederatu: Dat ass genee déi Hypersensibilitéit vun der ech gewarnt hunn. Alles ass hautzedags ëmmer direkt ee riisegen Drama, alles muss un d'Öffentlechkeet an do zerrappt ginn.
Schneider: Merde, merde, merde, wat maache mer dann elo?
Nagel: Do kënne mer lo am Fong näischt maan...
Friederatu *(rosen)*: Soot mol, hat der iech déi ganz Froen net éischter stelle kënnen?
Schneider: Solle mer net awer léiwer ëmdréinen an zeréck op Lëtzebuerg a mir vergiessen déi ganz Saach? Firwat wackelt dee Fliiger hei op ee mol sou.
Nagel: Mir landen.
Schneider: Merde, si mer schonn do, oh nee oh nee...
Friederatu: Et gëtt ee Grond, firwat et keng fräi Press dohannen gëtt.
Nagel: All Mënsch zeréck op seng Plaz a stréckt iech un.
Friederatu: Wann ee just op Äusserlechkeeten setzt, dann zielen eben och just Äusserlechkeeten.
Kënschtler*in: Wou sinn ech hei nëmmen rageroden.
Nagel: Setzen awer direkt *(déi zwee verschwannen hannert dem Rideau)*
Schneider: Mee Meeeerde, dat heiten sollt dach den Duerchbroch vun eisem neien Look ginn... Dat hätt sollen mäin Duerchbroch ginn.
Friederatu: Dat ass wann een Amateuren Politik maache léisst.

Szene 6: Eng positiv Visioun

(De Réckfluch: d'Still sinn deen anere Wee ausgeriicht. Nagel ass dobäi d'letzebuerger Press ze liesen, Schneider ass nees mat Schampes beschäftegt a lauschtert selbstverléift no, Friederatu setzt um Laptop an huet ee Glas Blutt un deem hien teschenduerch schlürft. Um Buedem stinn Kaddos-Tuuten an d'ass bessi Sand verstreet.)

Nagel: ... an de Paperjam schreift „Top départ pour le pavillon à Dubaï“, bei RTL heescht et „A lass geet et mat den Aarbechte fir de Lëtzebuerger Pavillon“, Quotidien a Wort iwwerhuelen och eise Pressecommuniqué an déi schéin Photo vun eis mat der Schëpp. Also Här Minister, ech hu lo déi ganz Beriichterstattung vun der lëtzebuerger Press duerch an et gouf tatsächlech zu kengem

116 PRESS: BBC 11.04.2011: „UAE arrests democracy activists“ https://www.bbc.com/news/world-middle-east-13043270
117 Beispill vu Fäll, déi net (vill) mediatiséiert goufen: Amnesty 18.03.2017:„UAE Decision not to release Osama al-Najjar indefensible“ https://www.amnesty.org/en/latest/news/2017/03/uae-decision-not-to-release-osama-al-najjar-indefensible/ ; HRW 09.07.2019 „UAE: Prisoners Held After Sentences Served“ https://www.hrw.org/news/2019/07/09/uae-prisoners-held-after-sentences-served
118 Wikipedia: Tatsächlech keng schlecht Iwwersiicht: https://en.wikipedia.org/wiki/Human_rights_in_the_United_Arab_Emirates

Moment iwwer iergendwelch Folterpraktiken... eh, Probleemer geschwat.[119] [120]
Schneider: Ech sot dach vun Ufank un, dës Missioun gëtt ee riisegen Success.
Nagel: Groussen Impakt och an der Propagandamaschinerie vun den Emirater, ehm, also der lokaler Press dohannen. The National, d'Gulfnews, Gulf Business, an Arabian Business zitéieren iech Här Minister mat de Wierder:[121] „It will be a wonderful opportunity for us to promote what our country stands for".[122]
Schneider: Eng wonnerbar Geleeenheet fir ze weisen woufir eist Land steet, genee. Eis Visioun. An dann komme se all gelaaf, déi Supperräich. Maggy, Schampes?
Nagel: Oh, nawell sou ee Glieschen huelen ech mat zeréck an déi zweet Klass.
Schneider: Luc?
Friederatu: Wéi? Pardon, ech hunn hei grad d'Umeldeformular fir Business-Partner färdeggestallt kréien. Ech muss soen, d'Méiglechkeeten fir Geschäfter ze maachen sinn zanter menger leschte Kéier net manner ginn.
Schneider: Et geet eben awer dorëms sech ze weisen.
Nagel: Ah, dat mat der Visibilitéit hunn ech ofgeschwat. Mir maan mat eisen staatlechen Accounts och fir privat Firmen Reklamm, 2 mol wann se eng „Gold" Partnerschaft huelen, an 3 mol bei enger Diamanten Partnerschaft.
Friederatu: Gutt. Dann kuck elo, dass eis Gold Partner een an eis Diamantenpartner zwou Persounen op eis Networking-Treffen mat den Emirateschen Offiziellen schécken däerfen.[123]
Nagel: Geet kloer *(verschwennt an d'zweet Klass)*
Schneider: Wéi, dat heescht du bass lo iwwerzeegt?
Friederatu: Du soss mer guer net wéi vill onopfälleg kleng an däischter Bespriechunsräim och nach ageplangt wieren an deem Pavillon.[124] Ech tippen. *(Tippt op d'Tastatur)* An ech tippen do léisst sech eppes maan.
Schneider: Haha, ech wosst et, eis Visioun iwwerzeegt einfach all Mënsch.
Friederatu: Et huet sech als nëtzlech erwisen wat dir mat ärem Pavillons-Brandings-Theater maacht. Et ass eng Zort Schutzhülle, déi d'Opmierksamkeet eben grad net op eis Geschäfter lenkt,

---

119 Nationale Pressespiggel fir d'Event vum Éischte Spuet-Stéch op Basis vun der Pressematdeelung vum Wirschaftsministère: http://luxembourg.public.lu/de/actualites/2018/05/02-dubai/index.html
- Luxemburger Wort 01.05.2018: „EXPO 2020: premier coup de pelle du pavillon luxembourgeois à Dubaï" https://www.wort.lu/fr/luxembourg/expo-2020-premier-coup-de-pelle-du-pavillon-luxembourgeois-a-duba-5ae825a7c1097cee25b88882
- RTL 03.05.2018: „A lass geet et mat den Aarbechte fir de Lëtzebuerger Pavillon" https://www.rtl.lu/kultur/news/1173145.html
- Paperjam 30.04.2018: „Top départ pour le pavillon à Dubaï" https://paperjam.lu/article/photo-du-jour-top-depart-pour-le-pavillon-a-dubai
- Le Quotidien 01.05.2018: „Expo 2020 Dubaï : la construction du pavillon luxembourgeois lancée" 01.05.2018 https://www.lequotidien.lu/economie/expo-2020-dubai-la-construction-du-pavillon-luxembourgeois-lancee/

120 FUN FACT: D'Tageblatt publizéiert dee Moment ee Artikel mam Titel „Künstliche Intelligenz aus Luxemburg schreibt « Ode an Dubai » 01.05.2018 http://www.tageblatt.lu/headlines/kuenstliche-intelligenz-aus-luxemburg-schreibt-ode-an-dubai/

121 PRESS [VAE]
- Gulf Business 30.04.2018: „Luxembourg becomes first country to break ground on Expo 2020 Dubai pavilion" https://gulfbusiness.com/luxembourg-becomes-first-country-break-ground-expo-2020-dubai-pavilion/
- The National 30.04.2018: „Expo 2020 Dubai: Luxembourg first to break-ground on construction of pavilion" https://www.thenational.ae/uae/expo-2020-dubai-luxembourg-first-to-break-ground-on-construction-of-pavilion-1.725879
- Gulf News 30.04.2018: „Luxembourg first to break ground on its Expo pavilion" https://gulfnews.com/business/luxembourg-first-to-break-ground-on-its-expo-pavilion-1.2214122
- Arabian Business 30.04.2018: „Luxembourg is first country to break ground on Expo 2020 pavilion" https://www.arabianbusiness.com/politics-economics/395447-luxembourg-becomes-first-country-to-break-ground-on-expo-pavilion
- Trade Arabia 30.04.2018: „Luxembourg breaks ground for Expo 2020 pavilion in Dubai" http://www.tradearabia.com/news/IND_339819.html

122 Wéi 121)

123 Iwwersiicht „Services offered to the sponsors of the Luxembourg Pavilion at Expo 2020 Dubai" https://www.cautionnement.lu/uploads/media/Sponsoring-Table-Services-FINAL.pdf

124 Déi sougenannten „Majlis", kleng Bespriechungsräim, déi Business-Partner buche kënnen.

mee se diffuséiert. Dat ass eng immens raffinéiert Oflenkung. Dat erlaabt et Leit wéi mir elo souguer wäerend dem Dag z'operéieren.[125]
Schneider: Hä? Nee! Et geet dach net ëm d'Oflenkung. D'Leit kommen dach wéinst eiser Visioun!
Friederatu: Jo, genee wéi d'Leit an d'Emirater wéinst der Visioun vum Scheich vun Dubai, gell?[126]
Schneider: D'Visioun vum Scheich Mohammend bin Rashid al Maktoum?
Friederatu *(guttmiddeg)* Du däerfs gären weider dorunner gleewen. Hei, en huet dir dach souguer ee Buch vu sech driwwer geschenkt[127], dat ass richteg gudden Branding[128] *(Seriö)* An elo looss déi Erwuessen w.e.g. weider schaffen.
Schneider: Wow, de Scheich huet selwer ee Buch geschriwwen. *(liest den Titel vir)* „Reflections on Happiness and Positivity"[129], seng Iwwerleeungen iwwer d'Glécklech sinn an Positivitéit... *(Kuckt an d'Buch)* Wat leeft, Luc, wosst du dass den Scheich Mohammed bin Rashid net just Premierminister ass, mee och nach Minister of Happiness?[130]
Hei, ech liesen iech mol just d'Iwwerschrëften vun de Kapitelen vir:
1) Why Happiness?, 2) Happiness & Positivity: Are we Out Of Tune With The Times? 4) Positivity... In my Opinion, 5) Positive From The Start, 6) Close Your Eyes So You can See, 7) The Positive Employee, 8) Positivity in Team Building, 9) Positive Arabs, 10) The Positive Role Model, 12) A Crisis Of Positivity
(zum Public) Et sinn 24 Kapitelen, an ech liesen déi lo all vir bis der dru gleeft, dass deen Typs deen seng eege Kanner am Prisong foltere léisst[131] ee positive Mënsch ass.
13) Making Your Own Luck, 14) The Morale Breaker, 15) A Positive Government Brings Happiness To Society, 16) Thank you, Dearest People, 17) 200 Million Positive Energies, 18) Positive Great Leaders, 19) A Message of Tolerance, 20) The Positive Family, 21) Renewing Positivity, Renewing Energy, 22) The Positive Sports Spirit, 23) Can Politics Be Positive? 24) Why Ministers For Happiness, Tolerance, Youth and Future?[132]
(Schneider hellt déif Loft fir de Moment ze genéissen).
Schneider: Ech sinn déif beandrockt. Dat hei ass einfach een neien Level vu Visioun. Happiness. Dat geet einfach nach dräi Schrëtt méi wäit wéi de Space Mining.
(Bliedert duerch d'Buch) D'Emirater hunn 2019 zum nationalen "Joer vun der Toleranz"

125 Indice fir déi eigentlech Hannergrënn vun der lëtz. Präsenz bei der Expo zu Dubai, Statment vun den UAE fir d'Wirtschaftsmissioun 2019 vum Pierre Gramegna: „H.E. Obaid Humaid Al Tayer highlighted the importance of cooperation between the two countries to galvanise the development of Islamic Banking and Finance, especially in light of the Duchy of Luxembourg's participation in Dubai Expo 2020, which will be hosted by the UAE in conjunction with the World Government Summit 2020. On the sidelines of the World Government Summit, a series of conferences and workshops across sectors will be conducted, most importantly in the field of FinTech and the Islamic Banking industry." Regierung VAE 16.06.2019: https://www.mof.gov.ae/en/media/materials/News/Pages/1662019.aspx
126 Zesummefassung vun deenen zentralen „Initiativen" vum Scheich MBR. Regierung VAE: https://uaecabinet.ae/en/prime-ministers-initiatives
127 Den Etienne Schneider kruut souguer zwee Bicher geschenkt, se sinn am Deontologies-Register bei deene Kaddoen, déi hie 2016 kruut ze fannen, et ass dovunner auszegoen, dass et d'Bicher vum Scheich selwer sinn, hien huet déi och anere Gäscht zu anere Momenter geschenkt. Regierung LU 05.07.2017: Registre Deontologie https://gouvernement.lu/content/dam/gouvernement/systeme-politique/gouvernement/rb-code-deontologie/2017-07-05-registre-deontologie-gouvernement.pdf
128 Cornelia Zeineddine, 09.2017: „Nation branding in the Middle East - United Arab Emirates (UAE) vs. Qatar" https://www.researchgate.net/publication/319326422_Nation_branding_in_the_Middle_East_-_United_Arab_Emirates_UAE_vs_Qatar
129 Mohammed bin Rashid Al Maktoum 20.03.2017: „Reflections on Happiness & Positivity". Reviews: https://www.goodreads.com/book/show/34809140-reflections-on-happiness-positivity
130 PRESS: The New York Times 10.02.2016: „With New Minister, United Arab Emirates Want to Top the World in Happiness, Too" https://www.nytimes.com/2016/02/10/world/middleeast/emirates-want-to-top-the-world-in-happiness-too.html ; The Washington Post 10.02.2016: „The UAE created a minister of happiness, but what does that even mean?" https://www.washingtonpost.com/news/worldviews/wp/2016/02/10/the-uae-created-a-minister-of-happiness-but-what-does-that-even-mean/
131 Et geet ëm zwee vun dem Scheich seng Duechteren, d'Shamsa an d'Latifa II. - Detailer dozou méi spéit am Stéck
132 Wéi 129)

gemaach.[133] [134]*(bliedert weider)* Wow, si hunn ee komplette Branding fir hiert Year of Tolerance, mat Logo a Visioun, wéi bei eisem Nation Branding[135], mee wow, hei: de Scheich huet eng Bréck vun der Toleranz ageweit[136], Huet d'Institute vun der Toleranz opgemaach[137] an den International Tolerance Summit[138] an souguer de Poopst invitéiert[139], sou tolerant ass hien. Hei stécht eppes groussen hannendrunner.
Friederatu *(kuckt net op vum Laptop):* Ee grousse Portmonni. Mee fir de Recht déi nämlecht PR-Agencen a Beroder déi och an Europa operéieren.[140]
Schneider: Wéi?
Friederatu: Näischt.
Schneider: Ech well och soueppes fir eis. Eppes wat doriwwer rausgeet eise Logo iwwerall hin ze klacken. Wa mir herno zu Letzebuerg landen an virun d'Press trieden musse mer eng Visioun präsentéieren. Maggy! Maggy!
Nagel: Dir hudd geruff, Här Minister?
Schneider: Maggy, rod mol wat fir eng Funktioun den Scheich Mohammed bin Rashid zousäzlech zum Amt vum Premier huet.
Nagel: Ma en ass Verdeedegungsminister a Polizei-Chef.[141]
Schneider: Nee, nach eppes aneschtes
Nagel: Ah, ma hien ass Dréier vun der Éieremedail vun der FU Berlin fir säin Engagement a Wëssenschaft, Bildung a Kultur... ah nee, déi gouf nees oferkannt wéinst senger Bedeelegung un der Entféierung ... a Versklavung vu ... Kanner.[142]
Schneider: Nee, d'ass eppes aneschtes, ganz anescht, ganz aner Richtung.
Nagel: Dass den Scheich een Imperium am Reitsport opgebaut huet, honnerte vu Päerd...[143] [144]
Schneider: Eppes aneschtes...
Nagel: Ah, ma dass den Scheich Gedichter schreift.[145]
Schneider: Hä?
Nagel: Majo, hien schreift Gedichter a publizéiert déi op sengem Site. Dohinner gëtt ee geleed, wann een op der Säit vun der Regierung vun den Emirater bei "Konscht" siche geet.[146]
Schneider: Freck, dee Mann kann zwar wierklech alles.
Nagel: Mee wat hat dir dann gemengt, Här Minister?
Schneider: Ma dass den Scheich och nach Minister of Happiness ass natirlech.
Nagel: Minister of Happiness. *(Villsoend Blécker mam Friederatu)* Ahsou.

---

133 Offizielle Site: https://www.theyearoftolerance.ae/en
134 Iwwersiicht iwwer d'Initiativen: Regierung VAE: https://www.government.ae/en/about-the-uae/culture/tolerance/tolerance-initiatives
135 Portfolio fir den Design vum „Tolerance"-Branding. Regierung VAE: https://www.government.ae/-/media/About-UAE/Tolerance/YoT-guideline-En.ashx?la=en
136 PRESS [VAE] Gulf News 16.11.2017: „Tolerance Bridge opens at Dubai Water Canal" https://gulfnews.com/uae/government/tolerance-bridge-opens-at-dubai-water-canal-1.2125788
137 Offizielle Site: https://iit.gov.ae/en
138 Offizielle Site: https://www.worldtolerancesummit.com/en-US/
139 PRESS: The Independent 02.02.2019: „UAE launches 'tolerance' ministry days before papal visit despite reports of widespread human rights abuse" https://www.independent.co.uk/news/world/middle-east/uae-pope-visit-tolerance-human-rights-violations-bridge-ministry-emirates-a8759816.html
140 An dësem Fall Xische & Co, eng zu Duabi baséierten Boite: https://xische.com/
141 Regierung VAE: https://uaecabinet.ae/en/roles-responsibilities
142 PRESS: Tagesspiegel 17.04.2011: „Muskeln zeigen – Wie die FU Berlin Dubais Scheich Maktoum die Ehrenmedaille aberkennt" https://www.tagesspiegel.de/wissen/muskeln-zeigen/4070822.html
143 Godolphin heescht säi Reitsport-Imperium https://www.godolphin.com/about-us/our-founder dat schonn an eng Reih Doping-Skandaler verwéckelt wor.
144 Och ee Jong vum Scheich ass a Reitsportskandaler verwéckelt. PRESS: StGeorg (Spezialiséierte Magazine) 31.03.2015: „Distanz-Skandale: Weltmeister Sheik Maktoum angeblich im Zentrum der Ermittlungen" https://www.st-georg.de/news/mehr-sport/distanz-skandale-weltmeister-sheik-maktoum-angeblich-im-zentrum-der-ermittlungen/
145 Op sengem Site: https://sheikhmohammed.ae/en-us/poetry an hei e vun him virgeliesent Beispill https://www.youtube.com/watch?v=KdHw8fRGTXc
146 Regierung VAE: https://www.government.ae/en/about-the-uae/culture/art

Schneider: Dat ass brilliant. An hien huet lauter Bicher an Artikelen iwwer Positivity geschriwwen[147]. Dat ass eng richteg Visioun. An ech hätt soueppes lo och gären fir op der Pressekonferenz ze verzielen soubal mer geland sinn.
Nagel: Mee Här Minister, dat hate mer dach schonn alles geplangt. Eise Pavillon dréit d'Thema „Resourceful Luxembourg“[148] an steet ganz am Motto vum Nohaltegen Emgank mat Resourcen. Op eisem Site steet mir wieren eben net just d'“land of creativity“, d'“land of optimism“ an d'“smart nation“ mee och „Concerned with the environment“ an „surrounded by nature“. Dat ass grad „in“ dat Thema.
Schneider: Hmhmhm, ass Nohaltegkeet dann wierklech eng grouss Visioun?
Nagel: Jo dach, Nohaltegkeet gëtt grad vu ville Länner fir PR-Zwecker an Oflenkung, ehh, als Visioun agesat. An fir ee Land wéi Lëtzebuerg, dat global gesinn ënnert deenen 3 Länner ass, déi pro Kapp déi negativsten Klima-Impakt hunn[149] ass dat tatsächlech eng grouss Visioun.
Schneider: Okay. Ma dann soe mer dat mat der Nohaltegkeet.[150] Mee dann kann de Spacemining jo och dobäi sinn. Do geet et jo och em d'Onendlechkeet vun de Resourcen.
Nagel: Mee bei Nohaltegkeet geet et grad net...
Schneider: Et fehlt ëmmer nach eppes. Et fehlt eppes, fir eng Atmosphär vun Nobless, Bildung, Grandeur ze schafen. Einfach eng Dimensioun méi hannert deem ganzen, ee Fundament.
Nagel: Ehm...
Schneider: Eppes wéi eng, eng... mee Merde, wéi heescht dat da scho méi. Ah, jo. Eng Moral?
(Friederatu an Nagel si mega erféiert)
Friederatu: Net dat Wuert hei!
Nagel: Neeee...
Friederatu: Wéi kanns du nëmmen...
(Luuchtwiessel)
Nagel: Ze spéit, e kënnt, ee kënnt!!
Friederatu: Hei wann et lo ëm Moral geet dann sinn ech raus. *(Leeft vun der Bühn)*
Nagel: E kënnt.
Schneider: Ween kënnt?
Nagel: De Jean Asselborn.
(Luucht geet aus)

Szene 7) Den Moralapostel

Asselborn: Dir léif Madammen an Dir Häre, ech muss hei un d'Moral appeléieren. Mir als klengt Lëtzebuerg an virun allem mir als Europäer liewen an enger Wäertegemeinschaft zesummen. Wäerter wéi d'Demokratie an d'Mënscherechter sinn eist Fundament. A mat Bléck op dat Land am Mëttleren Osten vun deem hei Rieds geet stellen sech meng Réckhoer an d'Luucht. Merde alors.
Schneider: Ech wosst dass hien dat soe wäert.
Asselborn: *(Mat iwwerdriwwenem Pathos)* Mir schwätzen bei den Vereenegten Arabeschen Emirater vun enger aggressiver Krichsmuecht, déi zanter dem arabeschen Fréijoer massiv Waffe keeft an dat alles aus Angscht, d'Demokratiebeweegungen kéinte sech a weideren arabeschen

147 PRESS [VAE]: Gulf News 27.02.2016: „Mohammad Bin Rashid: Why UAE ministers for happiness, tolerance, youth and the future?“ https://gulfnews.com/opinion/op-eds/mohammad-bin-rashid-why-uae-ministers-for-happiness-tolerance-youth-and-the-future-1.1680133
148 Beschreiwung vum „Thema“ vum Pavillon um Site http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/en/theme/
149 D'Statisik zum „World Overshoot Day“ weist wéini d'Resourcen vun der Welt pro Joer verbraucht wieren: Op deenen éischten dräi Plazen: Katar, Lëtzebuerg an d'VAE https://www.overshootday.org/newsroom/country-overshoot-days/
150 PRESS: Delano 14.06.2019: „All in all, it is worth keeping the project as sustainable as possible“ https://delano.lu/d/detail/news/dubai-expo-2020-budget-luxembourg/206486

Länner duerchsetzen.[151] [152] [153] Do stellt sech fir eis als Europäer natirlech d'Fro: wéi eng Aufgab hu mir an der Welt, wéi eng Iddien sollen eist Handelen leeden.

Dir kënnt mir hei bannen keen Konflikt an der Regioun nennen un deem d'Emirater net direkt bedeelegt sinn.[154] D'Emirater sinn mat Saudi Arabien zesummen während den Friddensvermëttlungen an de Yemen amarschéiert [155]an hunn dat Land an déi gréisste haut bestoend Krise op der Welt gestierzt.[156] D'Emirater setzen do och Truppen aus dem Sudan als Kannounefudder an.[157] Wou mer grad beim Sudan sinn: Do hunn d'Emirater joerelaang den Diktator Al-Bashir finanziell um Liewe gehalen an beim Versuch vun enger friddlecher Revolutioun d'Militär ënnerstëtzt.[158] D'Emirater hunn de Militärputsch géint deen éischte gewielte Präsident vun Ägypten ageleed a finanzéiert.[159] Se operéieren a Syrien[160] an ënnerstëtzen deen Generol Haftar a Libyen, deen do ee Krich géint déi vun eis als EU unerkannten Regierung féiert.[161] Et sinn d'Bommen aus den Emirater déi dat Flüchtlingsheem zu Tripolis getraff haten.[162] D'Emirater sinn am Afghanistan[163], a Somalia[164], se wore mat am Kosovo[165] [166] an sinn als

151 Iwwersiicht zur Rüstung an den VAE: SIPRI Etude vun 2019 https://www.sipri.org/sites/default/files/2019-05/fs_1905_gulf_milex_and_arms_transfers.pdf an Studie Simmons & Simmons https://assets.contentstack.io/v3/assets/blt3de4d56151f717f2/blt3f3383b7bd4f8e6c/5d73f8a14a2c957deda2181f/SS_article_Defence_trends_in_the_Gulf_January_2019.pdf

152 Informatiounen vun der Regierung vu VAE https://www.zawya.com/mena/en/economy/story/UAE_raises_defence_spending_by_around_41_in_2019_federal_budget-ZAWYA20181002043237/

153 PRESS: CNBC 17.02.2019: „UAE announces new international weapon deals as Middle East military spending soars“ https://www.cnbc.com/2019/02/18/uae-announces-idex-weapons-deals-as-middle-east-arms-spending-climbs.html

154 PRESS: Washington Post 9.07.2019: „How the United Arab Emirates contributes to mess after mess in the Middle East“ https://www.washingtonpost.com/opinions/2019/07/09/how-united-arab-emirates-contribute-mess-after-mess-middle-east/

155 PRESS: Deutschlandfunk 15.03.2019: „Der vergessene Krieg“ https://www.deutschlandfunk.de/jemen-der-vergessene-krieg.724.de.html?dram:article_id=443787

156 UN 14.02.2019: „Humanitarian crisis in Yemen remains the worst in the world, warns UN“ https://news.un.org/en/story/2019/02/1032811

157 PRESS: The New York Times 28.12.2018: „On the Front Line of the Saudi War in Yemen: Child Soldiers From Darfur“ https://www.nytimes.com/2018/12/28/world/africa/saudi-sudan-yemen-child-fighters.html ; The Guardian 21.12.2018: „Yemen on the brink: How the UAE is profiting from the chaos of civil war“ https://www.theguardian.com/news/2018/dec/21/yemen-uae-united-arab-emirates-profiting-from-chaos-of-civil-war

158 PRESS: Reuters 03.07.2019: „Abandoned by the UAE, Sudan's Bashir was destined to fall“ https://www.reuters.com/article/us-sudan-bashir-fall-specialreport/special-report-abandoned-by-the-uae-sudans-bashir-was-destined-to-fall-idUSKCN1TY0MV ; The Guardian 03.06.2019: „Sudan: How Arab autocrats conspired to thwart reformists' hopes“ https://www.theguardian.com/world/2019/jun/03/sudanese-crackdown-comes-after-talks-with-egypt-and-saudis ; The New York Times 11.06.2019: „The Princes Who Want to Destroy Any Hope for Arab Democracy“https://www.nytimes.com/2019/06/11/opinion/sudan-protests.html

159 PRESS: The New York Times 01.05.2015: „Recording Suggest Emirates and Egyptian Military Pushed Ousting of Morsi“ https://www.nytimes.com/2015/03/02/world/middleeast/recordings-suggest-emirates-and-egyptian-military-pushed-ousting-of-morsi.html

160 Arab Gulf States Institute Washington 11.03.2019: „UAE and Russia Find Common Ground on Syria“ https://agsiw.org/uae-and-russia-find-common-ground-on-syria/

161 PRESS: The Guardian 07.07.2019: „The Guardian view on a Libyan crisis: made worse by outsiders“ https://www.theguardian.com/commentisfree/2019/jul/07/the-guardian-view-on-a-libyan-crisis-made-worse-by-outsiders

162 PRESS: France24 06.05.2019: „Libya missile strikes point to possible UAE role: UN report“ https://www.france24.com/en/20190506-libya-missile-strikes-point-possible-uae-role-un-report

163 PRESS: Reuters 08.06.2018: „UAE to boost troop presence in Afghanistan for training“ https://www.reuters.com/article/us-afghanistan-emirates/uae-to-boost-troop-presence-in-afghanistan-for-training-officials-idUSKCN1J41E7

164 PRESS: Der Spiegel 28.07.2019: „Katar vs. Emirate: Kampf am Horn von Afrika“ https://www.spiegel.de/politik/ausland/katar-und-die-vereinigten-arabischen-emirate-in-somalia-a-1278770.html

165 PRESS [VAE] The National 28.07.2019: „Special Report: The day Emirati troops came to help war-torn Kosovo“ https://www.thenational.ae/uae/special-report-the-day-emirati-troops-came-to-help-war-torn-kosovo-1.891416

166 FUN FACTS: D'VAE investéieren grad massiv a Serbien. Deutsche Welle 18.03.2015: „Ein Hauch von Dubai in

Waffenhändler souguer mat an de Krich an der Ukraine verwéckelt.[167] D'Emirater setzen ëmmer nees op Eskalatioun, zanter 2017 féieren si ee Wirtschaftskrich géint de Katar, deenen se virgehéien mat hierer Tëles-Chaine Al-Jazeera dat arabescht Fréijoer erméiglecht ze hunn.[168] Och am Konflikt mam Iran schëdden si permanent Uellech an d'Feier[169], an operéieren géint den Versuch vun der EU d'Atomofkommes ze retten.[170] D'Emirater...

Schneider: Pssst, Jhang - du weess schonn, dass den Scheich Mohammed bin Rashid, den Verdeedegungsminister vun den Emirater och deen ass, deen eis op d'Weltexpo invitéiert huet?[171] Ech mengen, d'ass ee Mëssverständnis...

Asselborn: Lo lauschter du mer mol gutt no mäi Jong, well ech erzielen der elo eppes iwwert däi Scheich. Am Joer 2000 huet däi Scheich eng vu sengen Duechteren, d'Shamsa, dat während enger Vakanz a Groussbritanien probéiert hat aus dem gëllene Käfeg ausbrieche vu sengem Geheimdéngscht op oppener Strooss zu Cambridge afänke gelooss an 8 Joer laang an de Prisong geheit.[172] Dem Shamsa seng Schwester, d'Latifa wollt och just nach fort, huet et ze fouss iwwer d'Grenz probéiert mee gouf erwëscht. Dräi Joer Prisong a Folter. D'lescht Joer huet d'Latifa een zweeten Fluchtversuch gestart. Mat der Hëllef vun enger finnescher an engem franséischen Sportsproff an engem franséischen Geschäftsmann huet hatt et iwwer d'Grenz an den Oman an do op ee Boot gepackt, mat deem si iwwert den Ozean bis an Indien gesegelt sinn. D'Latifa stoung a Kontakt mat der Press an hat ee Video virbereed, dat am Fall wou eppes schief leeft direkt verëffentlecht gi sollt. Ee Kilometer virun der Küst goufe si awer nach agefaangen an d'Latifa gouf

---

Belgrad“ https://www.dw.com/de/ein-hauch-von-dubai-in-belgrad/a-18318606

167 PRESS: Huffpost 02.02.2015: „All About That Brass: The Ukraine-Russia-UAE Weapons Triangle“ https://www.huffpost.com/entry/all-about-that-brass-the_b_6770860

168 De Konflikt mam Katar gëtt spéider am Stéck nach eng Kéier wichteg, dowéinst e puer méi Detailer op dëser Plaz / Dossieren BBC https://www.bbc.com/news/topics/cny6m78kw47t/qatar-crisis an Independent https://www.independent.co.uk/topic/qatar-crisis?CMP=ILC-refresh
- De Qatar huet vum arabeschen Fréijoer profitéiere wëllen, stoung do op der Säit vun de revolutionären Beweegungen. NBC 06.06.2017: „Qatar and its Neighbors Have Been At Odds Since the Arab Spring“ https://www.nbcnews.com/news/mideast/qatar-its-neighbors-have-been-odds-arab-spring-n768966 ; The Guardian 08.06.2017: „The blockade of Qatar is a move against the values ot the Arab spring“ https://www.theguardian.com/commentisfree/2017/jun/08/blockade-qatar-against-arab-spring-close-down-al-jazeera ; [VAE] Gulf News 23.08.2017: „Qatar has a lot to answer for the Arab Spring“ https://gulfnews.com/business/analysis/qatar-has-a-lot-to-answer-for-the-arab-spring-1.2078669
- Am Juni 2017 eskaléiert de Konflikt tescht dem Katar an deenen aneren Staaten aus dem GCC komplett, et gesäit ee Moment souguer aus, wéi wann et zu engem oppene Krich komme kéint – bis dass d'Türkei Truppen am Katar stationéiert. The New York Times 05.06.2017: „5 Arab Nations Move to Isolate Qatar, Putting the U.S. In a Bind“ https://www.nytimes.com/2017/06/05/world/middleeast/qatar-saudi-arabia-egypt-bahrain-united-arab-emirates.html ; Der Spiegel 05.06.2017: „Darum geht es beim Showdown am Golf“ https://www.spiegel.de/politik/ausland/saudi-arabien-vs-katar-darum-geht-s-beim-showdown-am-golf-a-1150708.html
- Pseudo-Ausléiser ass eng gefakten Solidaritéits-Erklärung vum Katar mat dem Iran. The Washington Post 16.06.2017 „UAE orchestrated hacking of Qatari government sites, sparking regional upheaval, according to U.S. intelligence officials“ https://www.washingtonpost.com/world/national-security/uae-hacked-qatari-government-sites-sparking-regional-upheaval-according-to-us-intelligence-officials/2017/07/16/00c46e54-698f-11e7-8eb5-cbccc2e7bfbf_story.html
- Start vum Embargo géint de Katar – eng vun den Fuerderungen vun deenen aneren arabeschen Staaten ass d'Zoumaachen vun Aljazeera. The Guardian 23.06.2017: „Qatar given 10 days to meet 13 sweeping demands by Saudi Arabia“ https://www.theguardian.com/world/2017/jun/23/close-al-jazeera-saudi-arabia-issues-qatar-with-13-demands-to-end-blockade

169 PRESS: The Washington Post 12.08.2019:„The UAE's ambitions backfire as it finds itself on the front line of U.S. - Iran tensions“ https://www.washingtonpost.com/world/the-uaes-ambitions-backfire-as-it-finds-itself-on-the-front-line-of-us-iran-tensions/2019/08/11/d3ee41a0-509d-11e9-bdb7-44f948cc0605_story.html

170 PRESS: Reuters 08.05.2018: „UAE supports U.S. Withdrawal from Iran nuclear deal“ https://www.reuters.com/article/us-iran-nuclear-emirates/uae-supports-u-s-withdrawal-from-iran-nuclear-deal-state-news-agency-idUSKBN1I92Z1

171 D'Invitatioun wor ee perséinleche Bréif vum Scheich Mohammed bin Rashid un de Xavier Bettel den 01.04.2016 http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/wp-content/uploads/2016/12/16-04-01-invitation-officielle-UAE-2-430x430.jpg

172 The Guardian 15.12.2001: „Unruly daughter of wealthy sheik made a bid for freedom. But what happend next?“https://www.theguardian.com/uk/2001/dec/15/jamiewilson.stuartmillar1

zeréck op Dubai bruecht.[173] Dat wor lescht Joer. Dëst Joer huet déi sechst Fra vum Scheich, d'Princessin Haya vu Jordanien, et gepackt sech mat hiere zwee Kanner a London a Sécherheet ze bréngen an klot lo viru Geriicht géint de Scheich wéinst Zwangsbestiednis.[174] [175]
Schneider: Dat wosst ech alles net.
Asselborn: Häss just missen och mol an déi international Press kucken.
Schneider: Mee ech verstinn net, de Minister of Happiness...
(Geet rosen rof vun der Bühn)

Szene 8) Handelen amplaz schwätzen
*(Schneider an Nagel stinn alleng op der Bühn, d'Beamt*in kënnt vun der Säit eran a baut de Fliiger of an den Dësch fir d'Pressekonferenz op)*
Beamt*in: Sidd der prett fir d'Pressekonferenz Här Minister? Madamm Nagel?
Schneider: Wéi, wat? Pressekonferenz?
Beamt*in: Ma d'Pressekonferenz, déi dir aberuff hat. D'Press ass schonns dobaussen virun der Dier amgaang mat waarden.
Schneider: Nee, nee, stopp. Natirlech sinn ech net prett, ech verstinn dat lo alles net. Ass dat Déngens mat der Demokratie lo eis Moral?
Beamt*in: Natierlech, soss kréie mer Ierger mat der EU.
Nagel: *(Wend sech un d'Beamt*in fir mat hier d'Lag ze kläeren)* Stëmmt dann dat alles wat den Asselborn sot, also kéint d'Press dat och rausfannen?
Beamt*in: Jo kloer, dëst Theaterstéck ass leider komplett op Fakten baséiert, dir kënnt d'Quellen noliesen. Dat eenzegt wat net stëmmt, ass, dass den Asselborn dës Fakten lo hei bei Dubai uschwätze géif, dat sinn jo ëmmerhin eis strategesch Partner.[176] Seng Figur gouf hei also just als Metapher fir ee schlecht Gewëssen benotzt, dat awer offensichtlech keen huet.
Nagel: Zut. Well soss ass et jo grad den Asselborn deen eis dach positiv an d'Press bréngt.
Beamt*in: Jo, dat mat der Moral funktionéiert bei engem klenge Land gutt, well et do jo net sou offensichtlech ass, wéi dogéint verstouss gëtt.

---

173 De Fall vum Latifa:
- BBC Dokumentatioun „Escape from Dubai“ https://www.bbc.co.uk/programmes/b0bshk6s
- The Guardian 04.12.2018: „Missing Emirati princess 'planed escape for seven years'“ https://www.theguardian.com/world/2018/dec/04/missing-emirati-princess-latifa-al-maktoum-had-planned-escape-for-seven-years
- Den eegene Video vun der Sheika Latifa https://www.youtube.com/watch?v=UN7OEFyNUkQ
- D'Kampagne „#freelatifa“ https://freelatifa.com/
- PRESS Süddeutsche Zeitung 26.12.2018: „Zurück im Goldkäfig“ https://www.sueddeutsche.de/politik/dubai-latifa-vereinigte-arabische-emirate-1.4265982 ; The Times 30.12.2018: „Dubai paid for Robinson to visit 'runaway princess'“ https://www.thetimes.co.uk/article/dubai-paid-for-robinson-to-visit-runaway-princess-c3gnrv8cj

174 The Guardian 30.07.2019: „Dubai ruler's wife asks UK court for forced marriage protection order“ https://www.theguardian.com/world/2019/jul/30/dubai-rulers-wife-asks-uk-court-for-forced-marriage-protection-order ; The New York Times 30.07.2019: „Princess Haya, Wife of Dubai’s Ruler, Seeks Protective Order“ https://www.nytimes.com/2019/07/30/world/middleeast/princess-haya-dubai-protective-order.html

175 'FUN' FACT: Dorop dat senger sechster Fra d'fluch gelongen ass reagéiert den Scheich Mohammed bin Rashid e.a. Mam Schreiwen vun engem Gedicht an deem hien vu Verrot a gerechter Strof phantaséiert. The Telegraph 01.08.2019: „Dubai sheikh posts cryptic poem as wife Princess Haya attends court for start of custody battle“ https://www.telegraph.co.uk/news/2019/07/31/dubai-sheikh-posts-cryptic-poem-wife-princess-haya-attends-court/

176 Dass d'Verhältnis tëscht Lëtzebuerg an den VAE och a puncto Aussepolitik, also ënnert der Responsabilitéit vum Jean Asselborn, partnerschaftlech an onkritesch (zB. gi vu kengem Moment d'Militärinterventiounen vun den VAE a Fro gestallt) funktionéiert wiest zB.:
- eng Diskussiounsronn 2014 iwwer d'“Sécherheet vun der Regioun“ déi den Jean Asselborn zesummen mam Ausseminister vun den VAE, dem Scheich Abdullah Bin Zayed al-Nahyan, geleet huet. https://www.ipinst.org/2014/09/ipi-hosts-ministers-officials-at-annual-mideast-dinner
- D'Visite vum Jean Asselborn am November 2016 an den VAE https://abudhabi.mae.lu/fr/News/Jean-Asselborn-meets-with-the-Foreign-Minister-of-the-UAE-Sheikh-Abdullah-bin-Zayed-Al-Nahyan-in-Abu-Dhabi
- Dat passivt Deelhuelen 2018 um „Friddens-Sommet“ an den VAE, wärenddeems dëst Land d'Regioun a Kricher a Konflikter verwéckelt. https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2018/11-novembre/15-asselborn-forum.html

Schneider: *(Huet net matgelauschtert)* Ech verstinn dat alles net.
Nagel: Ah, ech verstinn. Dowéinst huet den Xavier Bettel op deem EU Sommet mat der Arabescher Liga d'Doudesstrof fir Homosexueller kritiséiert[177] - hien benotzt d'Moral fir dass mir gutt Press kréien och wa mir net tatsächlech eppes maan.
Beamt*in: Genee.
Schneider: Mee heescht dat, dass de Luc Friederatu awer Recht hat? Dass dee ganze Branding awer just eng Facade ass, eng Oflenkung?
Nagel: *(Ignoréiert de Schneider)* Klever. Mee kënne mer dann net lo hei d'Moral nach iergendwéi selwer nees asetzen?
Beamt*in: *(Ignoréiert de Schneider)* Ech mengen et ass ee bëssi ze riskant, wa mir hei vun eis Demokratie an Mënscherechter op enger Pressekonferenz an d'Spill bréngen, dat wier ee bëssi ze déck opgedroen.
Nagel: Merde, an elo*? (iwwerleet intensivst)*
Schneider: Dat kann dach net just alles just Facade sinn beim Scheich. Wat mécht deen dann op Pressekonferenzen wann d'Leit vun him wësse wëllen woufir hien steet?
Beamt*in: Här Minister, ech bezweifelen, dass et vill Pressekonferenzen an den Emirater ginn.
Schneider: Maggy, de Scheich, wat géif dee maachen?
Nagel: Keng Ahnung, eng positiv Bréck aweihen, eng positiv Fondatioun opmaachen? E Land iwwerfalen, ehh ah nee.
Beamt*in: Mee dat ass et, natirlech!
Nagel: Wat, ee Land iwwerfaalen?
Beamt*in: Ma nee, handelen! Dat hëlleft ëmmer an der Press, Handlungen si méi staark wéi Wierder. Mir mussen Handlungen an Entwécklungen an de Virdergrond stellen.
Nagel: Dat kréie mer hin.
Schneider: Maggy dat kann dach net alles just Show sinn *(Rëselt un der Nagel)* An eise Pavillon ass eng eenzeg grouss Liggen?
Nagel: *(Ofweisend)* Ma et schéngt bal sou.
Schneider: Mee ech gleewen dat net. Den Asselborn an de Bettel, jo, déi laberen a bauen eng Facade op, mee beim Scheich, bei deem ass eppes hannendrun, wéi beim Elon Musk, wéi beim Jeff Bezos... mee wat?
Nagel: Okay, dann steet eise Plang. Här Minister, Dir zielt lo einfach positiv Entwécklungen op an dann hu mer déi Pressekonferenz hannerun eis an dann kënnt dir weider mat ärer Rakéit spille goen.
Beamt*in: D'Press ass elo heibannen, Här Minister.
Schneider: Mee Moment...
Nagel: An lass.
(Beamten an Nagel setzen ee Fake Lächeln op)

Szene 9) D'Gedicht op der Pressekonferenz

*(Schneider, Nagel und Beamt*in setzen hannert dem Dësch fir d'Pressekonferenz)*

Beamt*in: Ma dann begréissen ech iech all häerzlech op der Pressekonferenz zum aktuelle Stand vun den Aarbechten fir d'Weltausstellung 2020 zu Dubai an ginn dem Här Minister d'Wuert. Wéi wäert sech Lëtzebuerg präsentéieren?
(Schneider bréngt et net fäerdeg ze schwätzen, tuddelt ronderem)
Schneider: Meng Visioun, Moral, also wat hannendrun stécht... ehh... Handlungen *(Mega laang Paus)*
Beamt*in: Den Här Minister wäert eis dovunner schwätzen, wéi sech dëst Land op der Expo präsentéiere wäert a woufir de Lëtzebuerger Pavillon steet.
Schneider: Ehhhh... Grénge Space Mining, ehh.

177 PRESS: Delano 01.03.2019: „Bettel takes arab Leaders to task on gay rights at summit“ https://delano.lu/d/detail/news/bettel-takes-arab-leaders-task-gay-rights-summit/203856

Nagel: *(flüstert zur Beamt*in)* Oh nee, de Minister huet ee Black out.
Beamt*in: De Minister ass grad zeréck vun enger ustrengender Rees an... d'Leederin vum Projet, d'Madamm Nagel wäert lo e puer Wuert iwwert déi rezent positiv Entwécklungen soen.
Nagel: Majo. Déi rezent positiv Entwécklungen. Et gouf jo ëmmer iwwer d'Aarbechtsbedingungen dohannen geschwat an do muss ech zwar soen, dass do ganz nei a wonnerbar Reegelen agefouert goufen. Gutt, déi gëllen lo just fir d'Expo-Gelänn fir dass et do keng schlecht Press gëtt,[178] [179] mee ëmmerhin eppes Positives! Ah, an et gi lo vum Scheich souguer Präiser verdeelt un Initiativen déi Fraen ënnerstëtzen, sou vill leien deem d'Fraen um Häerz. Gutt, déi Präisser si lo all u Männer gaangen,[180] mee ëmmerhin eppes Positives.
An genee dofir steet och Lëtzebuerg. Um Site vun eisem Pavillon sträiche mir eis positiv Handlungen ervir: ech liesen iech mol vir wat do steet:
- Éischtens: Mir erschafen eng Gesellschaft déi hiere Räichtum aus hierer Diversitéit zitt. Gutt, d'Hallschent vun de Leit däerf net wielen, mee ëmmerhin eppes Positives.
- Zweet positiv Handlung: Mir fannen nei Resourcen fir d'Mënschheet. Ehh, voila, also all déi Chercheuren aus Lëtzebuerg si jo bekannt.
- Drëtt Handlung: Mir sinn ee Laboratoire vun der Zukunft - an do hu mer tatsächlech "Liewensqualitéit" a Klameren hannendrun geschriwwen. Gutt, do geet et wuel ëm d'Liewensqualitéit vun deene Supperräichen an net vun deem Wouscht, deen mer grad versichen aus dem Garer Quartier ze verdreiwen, mee ëmmerhin
- Sou an dann véiertens: Mir promouvéieren aktiv d'Solidaritéit.[181] Gutt, do fällt mir zwar lo wierklech och selwer kee Grond an firwat dat do steet. Vläit well mir solidaresch grousse Konzerner hëllefen hier Suen a Sécherheet ze bréngen, fir dass se net an anere Länner fir de Bau vu Cliniquen mëssbraucht ginn?
Beamt*in: Merci, Madamm Nagel a wann dann elo keng Froen méi do sinn...
Schneider: *(Am Wahn)* Den Scheich, deen gleeft un eppes. Dowéinst ass Dubai sou eng dynamesch Stad. An Letzebuerg ass och eng dynamesch Stad. Dat ass net alles Facade.
Beamt*in: ... dann iwwerginn ech lo dann awer dem Här Minister d'Wuert.
Schneider: Et sinn zwee Stied mat Ziler. An fir dat ze verstoen musse mer op de Grond vun alledeem tauchen, wéi bei eng Pärel. An dowéinst hunn ech elo, genee wéi den léiwe Scheich Mohammed bin Rashid al Maktoum, ee Gedicht geschriwwen an deem ech eppes thematiséiere well, dat real ass.

D'Gedicht huet den Titel: Geléiftent Vollek

Ech schätze mäi Vollék mat onstierflecher Léift,
Mëch hinne schier ouni Ënn hinzeginn, dorëms sinn ech beméit.

Oh Eisleker, äer Wäerter am lëtzebuerger Kär résidéieren,
Mat Authentizizéit, Gromperen a Potenz brilléieren.

Grand-Duc Henri, séng Liewenszäit, mat Stolz bemannt,
Séng Doten alle Lëtzebuerger bekannt

Vum Joën, vu Muhbäizien an och Wëldschwäin sinn ech passionnéiert

178 D'Aarbechtsrecht variéiert je no „Zone“ an den VAE: Hannergrondinformatiounen: https://www.uaelaborlaw.com/ an http://doingbusinessdubai.com/about-uae/employment-law-in-uae-dubai-labour/ an https://government.ae/en/information-and-services/jobs/working-in-free-zones
179 Beispill „verbessert Aarbechtsrechter“ beim Bau vum Louvre Abu Dhabi. PRESS: The New Yorker 11.12.2016: „The Gulf Art War“ https://www.newyorker.com/magazine/2016/12/19/the-gulf-art-war .
180 PRESS: The Guardian 28.01.2019: „UAE's gender equality awards won entirely by men“https://www.theguardian.com/sport/2019/jan/28/uae-mocked-for-gender-equality-awards-won-entirely-by-men ; The New York Times 28.01.2019: „The U.A.E. Handed Out Gender Equality Awards. All Went to Men.“ https://www.nytimes.com/2019/01/28/world/middleeast/uae-gender-awards.html
181 http://www.luxembourgexpo2020dubai.lu/theme/

Schloflos Nuëchten mat Kachkéis a Bouneschlupp emgeréiert

Am grazile Mëllerdall, wou Illusioune blénken
Eng eidel Stad, ouni Mënsch oder Déier,
Dat ass genee wou Hoffnung gëtt erschaft,
Mat neigebuër'nem Gewëssen kommen ech zréck, entlaascht.[182]

(Mega laang peinlech Paus, de Schneider setzt do mat eidelem Bléck)
Beamt*in: Jo. Merci, Här Minister. Ginn et nach Froen dozou? Dir wollt souwiesou näischt Kritesches schreiwen, oder? Mir sëtzen jo all an engem Boot, gell dir. An d'Reform vun der Pressehëllef steet un. Eng Fro, jo, do hannen? *(Mécht wéi wann hien eng Fro géif héieren).*
Beamt*in: Jo, Merci. Vläit kéint d'Madamm Nagel des Fro beäntwerten?
Nagel: Pardon, ech hu lo keng kritesch Fro héieren.
Beamt*in: D'Madamm vun der Kulturpress huet gefrot op d'Virliesen vum Gedicht Deel vum kulturellen Austausch tëscht Lëtzebuerg an den Emirater ass. Si géif nämlech gären en Artikel doriwwer schreiwen, dass d'Emirater sou vill Positives fir d'Kultur gemaach hunn an dobäi sinn dat gréisstent kulturellt Zentrum an der Regioun ze ginn.[183]
Nagel: Ah, Konscht? Dir wëllt iwwer d'Konscht schreiwen?
Beamt*in: Dat ass ee wonnerbart positivt Thema.
Nagel: Natirlech, Konscht, dat ass et. Do hätt ech vill éischter drop komme kënnen. Jo, d'Emirater woren do ganz aktiv an der leschter Zäit. An fir hier Handlungen kruuten se och dax positiv Press.
Beamt*in: Jo. Positiv.
Nagel: Et ass eben eng gemeinsam Visioun vu Lëtzebuerg an den Emirater, der Konscht an der Kreativitéit eng méi grouss Plaz an der Vitrine, eehhh an der Gesellschaft ze ginn fir besser oflenken, eehhh, nodenken ze kënnen. Dir muss wëssen, dass zu Abu Dhabi grad Sklaven, eehh, Aarbechter d'"Isle of Happiness" um fäerdegstelle sinn, ee kulturelle Quartier an deem ënnert anerem de Louvre Abu Dhabi an den Guggenheim-Musée vun Abu Dhabi steet.[184] Den Direkter vum Guggenheim Abu Dhabi sot souguer, dee Projet kéint beweisen, dass de Kapitalismus

182 Dëst Gedicht ass eng Kopie vum Gedicht „Happiest Nation“ vum Scheich Mohammed bin Rashid https://sheikhmohammed.ae/en-us/Poetry – d'Gedicht gouf an eng Operette verwandelt an zu Éieren vum Expo 2020-Team vun den VAE opgefouert 02.12.2013 „Shaikh Mohammed honours World Expo 2020 team“ Khaleej Times (Kopie vu Statement vu WAM, Presseagance vun der Regierung) https://www.khaleejtimes.com/nation/government/shaikh-mohammed-honours-world-expo-2020-team

183 D'Emirater profitéieren hei virun allem dovunner, dass déi traditionell Kulturhaaptstied vum mettleren Osten, zB. Damaskus an Kairo, am Chaos versonk sinn – um Entstoen vun deem Chaos woren d'VAE selwer bedeelegt. Dat nämlecht gëllt och am Tourismus.
- Wëssenschaftlech Ennersichung „Art & Resistance“ geet op d'Situatioun an den VAE an 2016, University of the arts, Helsinki https://helda.helsinki.fi/bitstream/handle/10138/217117/Motola_Haidi_2016.pdf?sequence=1&isAllowed=y
- [VAE] „How the UAE Became the Center for Art in the Middle East“ 30.04.2018 Sponsored content vun der Botschaft vun den VAE an den USA https://www.smithsonianmag.com/sponsored/uae-center-for-art-middle-east-180968375/
- PRESS: Business Insider 07.12.2018: „Becoming the center of art in the Middle East and Africa“ https://www.businessinsider.com/dubai-united-arab-emirates-art-middle-east-africa-2018-12?r=US&IR=T

184 - Louvre Abu Dhabi: Le Monde 09.11.2017: „Le Louvre Abu Dhabi est un symbole du resserrement autoritaire des Emirats arabes unis“ https://www.lemonde.fr/proche-orient/article/2017/11/09/le-louvre-abu-dhabi-est-un-rouage-majeur-du-resserrement-autoritaire-des-emirats-arabes-unis_5212387_3218.html ; The Observer 09.07.2017: „Controversial Louvre Abu Dhabi Set to Open This November“ https://observer.com/2017/09/controversial-delayed-louvre-abu-dhabi-to-open-in-november/
- Guggenheim: The New York Times 26.04.2019: „Long-Delayed Guggenheim Abu Dhabi Moves Ahead“ https://www.nytimes.com/2019/04/26/arts/design/long-delayed-guggenheim-abu-dhabi-moves-ahead.html
- De Bau vun der „Isle of Happiness“ wor een vun deenen éischten international mediatiséierten Fäll vu Sklaverei-Virwerf bei Infrastruktur-Projeten an de Golf-Staaten. Human Rights Watch 19.05.2009: „Emirats Arabes Unis : Les travailleurs qui construisent « l'Ile du bonheur » sont régulièrement exploités“ https://www.hrw.org/fr/news/2009/05/19/emirats-arabes-unis-les-travailleurs-qui-construisent-lile-du-bonheur-sont ; PRESS: The Guardian 02.11.2013: „Art world protest over 'mistreatment' of migrants at Abu Dhabi cultural hub“ https://www.theguardian.com/world/2013/nov/02/abu-dhabi-culture-guggenheim-louvre-workers-rights

funktionéiert.[185]
Beamt*in: Dat weist wéi gebildet Leit dat awer sinn.
Nagel: Et weist och, wéi d'Emirater zesumme mat Lëtzebuerg d'Kultur benotzen fir de Liewensstandart vun deene Räichen - ehh, vun all Mënsch an d'Luucht ze hiewen. An ech soen ëmmer: Wou Konscht ass, ass Demokratie net wäit, haha. An Moment. Moooooment, mir haten dach souguer selwer sou eng Kënschtlerin mat zu Dubai.
Beamt*in: Stëmmt! Wou ass déi Kënschtlerin dann elo, wou hate mer déi higestallt?
Nagel: Ma déi si lo mëttlerweil net méi Deel vum offizielle Parcours, mee mer hu se an d'Hal polivalante gesat, also an deenen Deeg wou dee Sall net vun eise Partner aus der Wirtschaft gebraucht gëtt.[186]
Beamt*in *(Zitt d'Kënschtlerin ënnert dem Dësch ervir)*: Hei ass eis Kënschtlerin! Voila, dann schreift der dass de Fait, dass mir tatsächlech gehandelt hunn an d'Konscht mat do rof geholl hunn jo weist, fir wat fir ee Weltbild Lëtzebuerg steet.
Nagel: Hei, ehm, maach mol ee bëssi Konscht fir d'Leit hei am Raum, jo?

Szene 10: D'Konschtperformance

*(Spot op d'Kënschtler*in)*
Kënschtlerin: Yes, yes, yes, mäi grousse Moment! Ech hunn all Mënsch rageluecht a si mat op Dubai komm, obwuel ech eigentlech kritesch sinn, haha. *(Baut Staffeleien op, stellt Biller drop, awer mat der Récksäit no vir)* Ech sinn souzesoen den arroganten Schrëftsteller, deen alles gechéckt huet[187], ech sinn d'Kënschtlerduo aus der Installatiounskonscht déi déi ganz Saach längst duerchkuckt huet, obvious, Sherlock.[188] Oder de Filmemaacher, deen dat ganzt just wéi eng Commande gesäit, als Méiglechkeet, Siichtbarkeet ze kréien...[189] [190] Ah nee, deen net. Jiddwerfalls kënnt hei lo meng Konscht an déi gëtt ee Skandal - ech hunn nämlech recherchéiert. Haha. Voila, Vernissage, kommt iech dat ukucken.
*(Nagel a Beamt*in kommen bei dat éischtent Bild)*
Beamt*in: Ah, ehm, oh, ech weess guer net wat ech lo maachen muss. Déi lescht Kéieren wou ech fir de Wirtschaftsministère am Mudam oder an de Philharmonie wor woren all Kéiers fir Events vu Banken a Beroderfirmen.
Kënschtlerin: *(Dréint dat éischt Bild ëm)* Dëst Bild weist d'Stäreplaz hei an der Stad a steet symbolesch fir déi wirtschaftlech Verflechtungen tëscht Lëtzebuerg an den Emirater, déi wesentlech méi wäit ginn wéi een denkt. Den Emirater gehéiert net just d'Stäreplaz mee och den Royal Hamilius an den Etienne Schneider plangt ee Luxushotel vum Grupp Jumeirah um Kierchbierg z'installéieren.[191] Mat gemeinsamen luxuriéisen Immobilienprojeten weise béid Länner

185 PRESS Euronews 25.04.2019: „The latest on Guggenheim Abu Dhabi: An interview with Richard Armstrong“ https://www.euronews.com/2019/04/19/the-latest-on-guggenheim-abu-dhabi-an-interview-with-richard-armstrong
186 Letzebuerger Land 28.06.2019: „32 Milliounen Euro an de Sand“ http://www.land.lu/page/article/633/335633/FRE/index.html
187 Gemengt ass den Guy Helminger an seng „ironesch“/naiv Interventioun um Radio 100komma7, 27.12.2018 https://www.100komma7.lu/program/episode/234465/201812271235-201812271241
188 Gemengt sinn d'Karolina Markiewicz an de Pascal Piron mat Aussoen zur Expo 2020 Dubai an engem Interview mat der WOXX „Die Poesie liegt in den Menschen selbst“ https://www.woxx.lu/arolina-markiewicz-und-pascal-piron-die-poesie-liegt-in-den-menschen-selbst/
189 De Filmsecteur ass dee Beraich vum Lëtzebuerger Konschtsecteur, deen tatsächlech schonn am mëttleren Osten Kontakter opgebaut huet. PRESS [VAE] The National 25.10.2015: „Guy Daleiden on the leaps in Luxembourg film industry and what the UAE could learn“ https://www.thenational.ae/arts-culture/guy-daleiden-on-the-leaps-in-luxembourg-film-industry-and-what-the-uae-could-learn-1.80390
190 Den Adolf El Assal léisst sech hei als Vermëttlungspersoun virun de Won spaanen. PRESS [VAE] The National 17.05.2017: „Filmmaker wants to put Egypt and Luxembourg on the global cinema map“ https://www.thenational.ae/arts-culture/filmmaker-wants-to-put-egypt-and-luxembourg-on-the-global-cinema-map-1.189393
191 Kollaboratioun Lëtzebuerg & VAE: Bauprojeten
- Den Interessi fir eng Zesummenaarbecht am Immobilieberäich ass ë.a. fundéiert op der Partizipatioun vu Lëtzebuerg op der „Big 5“ Foire vum Constructiouns-Secteur an den VAE, un der Lëtzebuerg zanter 2004 deelhëllt, organiséiert vum Wirtschaftsministère an der Chambre de commerce. PRESS: Luxemburger Wort 15.03.2012:

wéi eng Mënschen si wëllkomm heeschen.
Beamt*in: Ahjo, positivt Handelen.
Nagel: Also mir gefällt do virun allem deen dynameschen Stréch op deem Bild.
Kënschtlerin: *(Dréint dat zweet Bild ëm)* Dëst Bild weist déi lëtzebuergesch Privatbank Havilland hei um Kierchbierg. 2017 ass um Golf de Konflikt tëscht den Vereenegten Arabeschen Emirater an dem Qatar eskaléiert. Zesummen mat der Havilland-Bank hunn d'Emirater ee Plang entworf fir déi kataresch Währung ze destabiliséieren an Devisen ze manipuléiert. Aus Lëtzebuerg gouf et keng Reaktioun dorop.[192] Dass och iwwert eist Land Wirtschaftskricher gefouert ginn schéngt zum Alldag vun eiser Finanzplaz ze gehéieren.
Nagel: Jo, ganz schéin, déi Faarwen hei, net ze kräfteg.
Beamt*in: Madamm Nagel, Dir kënnt dat jo richteg gutt.

„Holztreppen aus Bettendorf für Dubai“ https://www.wort.lu/de/lokales/holztreppen-aus-bettendorf-fuer-dubai-4f61b444e4b0860580a9cfd8
- Fir sech finanziell en Vue vun engem Enn vu der Ära vum Uellech ofzesécheren bedreiwen d'VAE iwwer d'ADIA, den Staats-Fonds vun Abu Dhabi, Investitiounen. Dëse Fong gehéiert der Herrscherfamill vun den VAE, hier Famillememberen besetzen déi wichteg Funktiounen https://www.adia.ae/En/home.aspx . Lëtzebuerg steet am Austausch mat den Emirater fir den Funktionement vu sou Fongen ze vergläichen – op Lëtzebuerger Säit geet et ëm den Rentefong. D'ADIA profitéiert vu besonnegte Konditiounen (PdL Approbation de conventions fiscales 2015) [VAE] https://gulfnews.com/business/uae-and-luxembourg-sign-protocol-to-avoid-double-taxation-1.1404271
- Place de l'etoile: PRESS: Tageblatt 21.04.2016: „Abu Dhabi kauft sich in Luxemburg ein“ http://www.tageblatt.lu/nachrichten/luxemburg/abu-dhabi-kauft-sich-in-luxemburg-ein-27152319/ ; Tageblatt 26.05.2018: „Ausverkauf der Stadt?“ http://www.tageblatt.lu/headlines/ausverkauf-der-stadt/ ; Paperjam 25.05.2018: „Des habitations de luxe pour la place de l'Étoile“ https://paperjam.lu/article/news-des-habitations-de-luxe-pour-la-place-de-letoile ; Luxembourg Times 24.05.2018: „Shopping centre scrapped for luxury flats at Place de L'Etoile“ https://luxtimes.lu/luxembourg/33912-shopping-centre-scrapped-for-luxury-flats-at-place-de-l-etoile
- Royal Hamilius: PRESS: Paperjam 04.09.2019: „Codic soigne son résultat avant Royal Hamilius“ https://paperjam.lu/article/codic-soigne-son-resultat-avan
- Kirchberg: PRESS: Le Quotidien 16.04.2016: „Une châine de Dubai projette un hôtel de luxe au Kirchberg“ http://www.lequotidien.lu/economie/une-chaine-de-dubai-projette-un-hotel-de-luxe-au-kirchberg/ ; Tageblatt 15.04.2016: „Luxemburg im Visier“ http://www.tageblatt.lu/nachrichten/luxemburg/luxemburg-im-visier-30735374/ - FUN FACT, de Grupp „Jumeirah International“ gehéiert der Dubai-Holding, also der Herrscher-Famill vun Dubai, an dem Scheich Mohammed bin Rashid. https://dubaiholding.com/en/
- Weider Investitiounen déi d'VAE iwwer Lëtzebuerg maachen sinn zB. déi vu FREO, déi eng Rei ëmstridden Luxus-Projeten an europäeschen Groussstied ëmsetzen https://www.freogroup.com – FREO operéiert fir d'Tamweelview European Holdings SA, déi der ADIA gehéieren. Béid Strukturen hunn hiere Sëtz zu Lëtzebuerg. PRESS: Tagesanzeiger 05.06.2014: „Aus flüssigem Gold wird ein überflüssiges Shoppingcenter“ https://www.tagesanzeiger.ch/wirtschaft/geld/Aus-fluessigem-Gold-wird-ein-ueberfluessiges-Shoppingcenter/story/17891419

192 Kollaboratioun Lëtzebuerg & VAE: Wirtschaft
a) Havilland
- Am Hannergrond vun der Katar-Krise (Informatiounen an de Quellen zum Asselborn-Monolg) goufen vun den VAE eng Reih Versich gestart de Katar wirtschaftlech ze destabiliséieren a vu senger Schwächt ze profitéieren.
- Urspréinglech Quell vun der Informatioun si geleakten Dokumenter, déi den Intercept veröffentlecht huet: The Intercept 09.11.2017: „Leaked Documents Expose Stunning Plan to Wage Financial War on Qatar — and Steal the World Cup“ https://theintercept.com/2017/11/09/uae-qatar-oitaba-rowland-banque-havilland-world-cup/
- Press aus Lëtzebuerg huet intuitiv op Verdeedegung gesat an d'Havilland Bank huet der Duerstellung vum Intercept widdersprach. Luxemburger Wort 17.11.2017: „Scandale médiatique: Banque Havilland nie tout plan contre le Qatar“ https://www.wort.lu/de/business/scandale-mediatique-banque-havilland-nie-tout-plan-contre-le-qatar-5a0f18e9c1097cee25b776e9
- Dëst Joer huet Qatar dann offiziell dräi Banken uegklot, dorenner d'Havilland. Reuters 08.04.2019: „Qatar sues Luxembourg, UAE, Saudi banks in FX manipulation case“ https://www.reuters.com/article/us-qatar-currency/qatar-sues-luxembourg-uae-saudi-banks-in-fx-manipulation-case-idUSKCN1RK1FJ Tageblatt: „Katar verklagt Bank aus Luxemburg“ http://www.tageblatt.lu/wirtschaft/katar-verklagt-bank-aus-luxemburg/
b) BIL
- Während der Krise vum Katar goufen d'Katari aus verschiddenen Positiounen zeréckgedrängt. Vum Zäitpunkt an Hannergrond hier fällt d'Iwwerhuelen vun der BILgenee an dat Muster. Dräi Méint noom Ufank vun der Katar-Krise iwwerhuelen chinesesch Investisseuren den Undeel vun de Katari vun der BIL, der wichtegest Bank vu Lëtzebuerg, déi ee Siege zu Dubai huet. D'Propaganda-Press aus den Emirater gesäit dëst Iwwerhuelen als Success vum wirtschalftechen Drock op de Katar. [VAE] : The National 02.09.2017: „Qatari investors sell stake in Luxembourg bank to Chinese investors“ https://www.thenational.ae/business/banking/qatari-investors-sell-stake-in-

Nagel: Ech hunn dat schonn eng Kéier berufflech gemaach.
Kënschtlerin: *(Dréint dat drëtt Bild ëm)* Dat hei ass den Christian Elombo. Hien huet der Prinzessin Latifa gehollef fir aus den Emirater fortzelafen a gouf dofir éischt am Oman verhaft an dann ausgewisen. Hien ass dunn bei seng Famill geflunn, op Lëtzebuerg. Hei gouf e vun de Lëtzebuerger Autoritéite festgeholl an zu Schrasseg agespart, well d'Emirater iwwer INTERPOL eng Verhaftung an een Iwwerweisen ugefrot haten. Lëtzebuerg huet hien festgehalen, souguer méi laang wéi et de Reegelen vun Interpol no néideg gewiecht wier an dat ouni dass dem Justizminister iwwerhaapt eng schrëftlech Begrënnung vun den Emirater virlouch. An opschonns dee Moment d'Latifa iwwerall an der Press wor.[193] [194]
Nagel: Dat ass eppes ganz abstraktes, modernes.
Beamtin: Jo, wierklech ganz speziell.

---

luxembourg-bank-to-chinese-investors-1.624925 ; Paperjam 11.07.2018: „Legend Holdings a reçu les clés de la Bil“ https://paperjam.lu/article/news-legend-holdings-a-recu-les-cles-de-la-bil – FUN FACT: Den Luc Frieden ass dee Moment Direkter vun der BIL.
c) PWC / Probst
E gutt Beispill fir déi wirtschaftlech Verstréckungen an déi dorauser resultéierend Ennerstëtzung fir d'Diktatur an den VAE ass d'Aarbecht vu PWC, am beschten ze weisen anhand vun der Aarbecht vum Laurent Probst. Säin Job ass et Regierungen ze beroden an do falen och d'VAE a säin Zoustännegkeets-Beräich.
- Biografie: https://lu.linkedin.com/in/laurent-probst-4b8b715
- De Laurent Probst schafft fir PWC an der Fondatioun vum Scheich Mohammed bin Rashid. https://www.consultancy.eu/news/2115/pwc-luxembourg-partner-laurent-probst-to-speak-at-knowledge-summit , déi Fondatioun bedeelegt sech och un Events zu Lëtzebuerg https://delano.lu/d/detail/news/3-takeaways-hr-10x6/205924 ; Regierung VAE https://www.zawya.com/mena/en/companies/story/Mohammed_bin_Rashid_Knowledge_Foundation_takes_part_in_PwC_Luxembourgs_Upskilling_for_the_Future_Workshop-ZAWYA20190529084210/
- Den Laurent Probst erschaft mat der MBR-Fondatioun den "Global Knowledge Index" https://gulfnews.com/going-out/society/inaugural-global-knowledge-index-released-to-public-1.2128606 a schreift fir d'Emirati Propaganda-Press https://www.thenational.ae/business/economy/lost-workforce-needs-new-skills-to-find-better-future-1.823488

193 Kollaboratioun Lëtzebuerg & VAE: De Fluchtversuch vum Latifa
Chronologesch Iwwersiicht vun den Evenementer zu Lëtzebuerg
- Den 04.03.2018 start d'Latifa säi zweeten Fluchtversuch (Informatiounen an de Quellen vum Asselborn-Monolog)
- De Video vum Latifa ass den 11.03.2018 online, schonn den 09.03.2018 ass d'Daily Mail déi éischt Zäitung, déi beriicht „Mystery of the runaway 'Princess' as 'daughter'of Dubai's ruler Mohammed claims she has fled the country after being 'drugged and jailed for three years in the Arab state'“ http://www.dailymail.co.uk/news/article-5478493/Runaway-Princess-mystery-ruler-Dubai-daughter-flees-country.html
- Den 06.04.2018 gëtt den Christian Elombo zu Lëtzebuerg festgeholl.
- De Parquet zu Lëtzebuerg bestätegt ee puer Deeg drop d'Infromatioun vun der Verhaftung, déi op Basis vun engem Beriicht vun der AFP an d'Öffentlechkeet komm ass. Déi Lëtzebuergesch Press beriicht deels ouni op de Hannergrond anzegoen bzw. ouni Wëssen vum Hannergrond. Luxemburger Wort 12.04.2018: „Un Français recherché par Interpol arrêté au Luxembourg“ https://www.wort.lu/fr/luxembourg/un-francais-recherche-par-interpol-arrete-au-luxembourg-5acf6282c1097cee25b87337 ; RTL Today 17.04.2018: „Frenchman wanted in UAE arrested in Luxembourg“ https://today.rtl.lu/news/luxembourg/a/1163962.html
- Gläichzäiteg setzt awer och Press aus Lëtzebuerg de Kontext zum Latifa sengem Fall. L'essentiel 12.04.2018: „Accusé d'avoir 'kidnappé' une princesse de Dubai“ http://www.lessentiel.lu/fr/luxembourg/story/Accuse-d-avoir-kidnappe-une-princesse-de-Dubai-14741977 ; Tageblatt 12.04.2018: „Festgenommener Franzose soll Prinzessin zur Flucht verholfen haben“ http://www.tageblatt.lu/headlines/von-interpol-gesuchter-franzose-in-luxemburg-festgenommen/
- D'Geschicht vum Latifa ass mëttlerweil an all hieren Aspekter international mediatiséiert The Guardian 18.04.2018: „Runaway 32-year-old princess ‘brought back’ to Dubai“ https://www.theguardian.com/sport/2018/apr/18/runaway-32-year-old-princess-brought-back-to-dubai ; Süddeutsche Zeitung 20.04.2018: „Sheikha Latifa“ https://www.sueddeutsche.de/politik/profil-sheikha-latifa-1.3952784 ; The Washington Post 28.04.2018: „India's Modi authorized capture of runaway Dubai princess, newspaper claims“ https://www.washingtonpost.com/news/worldviews/wp/2018/04/28/indias-modi-authorized-capture-of-runaway-dubai-princess-newspaper-claims/
- Den Reegelen vun Interpol no misst no spéitestens 18 Deeg op diplomateschem Wee eng schrëftlech Begrennung virleien, déi dann iwwerpréift gi géif. Déi 18 Deeg ginn ëm ouni dass, wéi sech spéider erausstellt, iergendeppes Schrëftleches virläit. https://www.interpol.int/How-we-work/Notices/Red-Notices . De Systeem vun den „Red Notices“ gett emmer nees vu bestemmten Staaten messbraucht fir politesch Géigner*innen ze verfolgen https://www.statewatch.org/news/2019/feb/ep-study-interpol-red-notices.podf.pdf
- De Fall vum Christian Elombo ass och an der franséicher Press. Le Figaro 25.04.2018: „Évasion manquée de la

Nagel: Soueppes géif de Xav sech direkt an de Büro hänken.
Kënschtler*in: Sou, an wat sot der lo!
Nagel: Ma schéin, gutt hudd der dat gemaach. An lo raumt der är Biller an, well mir brauchen d'Bühn nach fir ee Meeting vum Groupement d'interet economique lo gläich.
Kënschtlerin: Mee wéi dann. Ech hunn hei grad dräi Biller ausgestallt, déi weisen, dass Lëtzebuerg net just passiv dës mënscheveruechtend Diktatur toleréiert mee aktiv handelt fir se ze ënnerstëtzen an hier hëlleft sech auszebreeden.
Nagel: *(Schubst hatt raus)* Wonnerbar, wonnerbar. D'FOCUNA iwwerweist iech dann ärt mickregt Gehalt a wann soss nach Käschten entstaane sinn wend iech un de Kulturministère. *(Zur Beamt*in)* Ech hoffen der Persoun ass kloer dass vu mengen 32 Mio. fir de Pavillon kee Cent fir de Kulturprogramm virgesinn wor.[195]
Kënschtlerin: Dir kënnt dach net...
Nagel: An lo roueg, soss kritt der guer kee Budget méi, an dann wëll ech mol gesinn, wéi dir an är Kanner iwwer d'Ronnen kommen. *(Kënschlter*in verschwënnt)* Sou, wou wore mer stoe bliwwen.

Szene 11: The Happy End of Democracy

Beamt*in: *(Stoung weider virun de Biller)* Batter. Madamm Nagel, ech mengen wa souguer dës Kënschtlerin net just eise Branding an eis Moral, mee och eis Handlungen entlarve konnt hu mer nees ee Probleem. A sou lues sinn ech um Enn mat mengem Latäin. Ech gesi wierklech bal kee Wee méi, dass mer eis mat eisem Pavillon zu Dubai nach rausriede kéinten.
Nagel: *(fänkt un d'Biller ofzebauen)* Firwat déi Suergen? Sou Konscht bréngt eis héichstens positiv Press. Mir als selbstkritescht Land maachen Konscht mat Usproch - dat gehéiert zum Liewensstandart vun eiser Clientèle dobai. An zwee Deeg ass dat dann vergiess. Wat bleift ass eis positiv Handlung dass mir souguer kritesch Konscht zu Wuert komme gelooss hunn. Wee kann eis lo nach ee Virworf maan?
Beamtin: Si der secher, dass mer dat dei doten Konscht net zensieren mussen? An vläit och am beschten d'Press direkt mat? Schlussendlech schéngt mer dat awer dat effektivstent Mëttel ze sinn, an den Emirater klappt dat a mir hunn hei och an eise Gesetzer schonn eng gutt Basis.
Nagel: Zenseieren? Firwat? Lies dir dach duerch wat d'Press geschriwwen huet, keen eenzegt kritesch Wuert.
Beamt*in: Dat heescht mir sinn mat allem duerchkomm?
Nagel: Jo. *(Raumt dat leschtent Bild fort, hannendrunner steet de Friederatu)* Ahhh, freck, hues du

---

princesse Latifa : l'affaire rebondit au Luxembourg“ https://www.lefigaro.fr/international/2018/04/25/01003-20180425ARTFIG00144-l-affaire-de-la-princesse-emiratie-latifa-rebondit-au-luxembourg.php ; Nouvel Obs 07.05.2018: „Fuir Dubaï pour échapper à son père : l'histoire rocambolesque de la princesse Latifa“ https://www.nouvelobs.com/monde/20180507.OBS6317/fuir-dubai-pour-echapper-a-son-pere-l-histoire-rocambolesque-de-la-princesse-latifa.html
- Human Rights Watch hu sech zu Wuert gemellt a versichen Drock opzebauen fir rauszefannen, wat aus dem Latifa ginn ass. HRW 05.05.2018: „UAE: Reveal Status of Dubai Ruler's Daughter“ https://www.hrw.org/news/2018/05/05/uae-reveal-status-dubai-rulers-daughter
- 07.05.2018 Den Quotidien beriicht ausféierlech iwwert de Fall vum Latifa a setzt de Kontext mam Gefaangenen Christian Elombo zu Lëtzebuerg https://www.lequotidien.lu/a-la-une/dubai-levasion-de-la-princesse-latifa-digne-dun-thriller/
- Den 16.05.2018 deelt de Parquet dann mat dass se den Christian Elombo fräigelooss hätten a ginn zou, dass zu kengem Moment eng schréftlech Demande vun den VAE virgeleeën hätt. 40 Deeg souz de Christian Elombo also ouni Begrënnung zu Lëtzebuerg am Prisong. Tageblatt 16.05.2018 „Mutmaßlicher Prinzessinnen-Entführer wieder auf freiem Fuß“ http://www.tageblatt.lu/headlines/mutmasslicher-prinzessinnenentfuehrer-wieder-auf-freiem-fuss/ . Nach méi schlëmm, dem Parquet ass de Moment éischt opgefall gewiecht, dass d'Emirater hier Red Notice schonn den 8.05.2018 zeréckgezunn haten. Luxemburger Wort 16.05.2018: „Französischer Staatsbürger wieder aus Untersuchungshaft entlassen“ https://www.wort.lu/de/lokales/franzoesischer-staatsbuerger-wieder-aus-untersuchungshaft-entlassen-5afc4f0bc1097cee25b896e4

194 'FUN' FACT: Dës ganz Affär ronderëm d'Latifa an den zu Lëtzebuerg op Wonsch vun Dubai agesparten Christian Elombo geschitt zäitgläich mam éischte Spuetstéch fir de Lëtzebuerger Pavillon zu Dubai.

195 http://focuna.lu/_dbfiles/lacentrale_files/800/832/RdA_2017_complet.pdf

mech lo erfouert.
Friederatu: Ass d'Bühn lo fräi? Mir bräichten déi vir e Meet-the-Company Appero.
Nagel: Jo kloer, eis Show ass eriwwer, d'Press huet hier Artikelen, eis Pavillon kritt säi Moment to shine. Dir kënnt lo heibanne lassleeën.
*(Nagel a Beamt*in verloossen d'Bühn)*

Friederatu: Woren déi ganz Emotiounen, dat ganzt hin an hier dann lo wierklech néideg. Mee si hu Recht, et ass eng nei Zäit an d'ass wéi ëmmer, ween sech als éischt upasst huet gewonnen.
Schneider *(erwäscht)*: Luc?
Friederatu: Etienne, so mol, wat ass da mat dir geschitt?
Schneider: Luc, du haas awer Recht.
Friederatu *(Helleft dem Schneider opstoen)*: Ech hat Recht?
Schneider: Dass de Versuch eis Visioun ze weisen net klappt. Ech weess mol net wat eis Visioun si soll, wat eist Zil ass, wat dem Scheich säin Zil ass, wat all déi grouss undreift, firwat all dat geschitt, wat geschitt.
Friederatu: Wéi?
Schneider: Ma ech weess einfach net firwat mir dat Ganzt maachen.
Friederatu: Oh Etienne. Vläit enttäuschen ech dech elo, mee d'Äntwert ass zimmlech banal.
Schneider: Banal?
Friederatu: Natirlech geet et ëm de Fric.
Schneider: Dat kléngt lo wierklech no engem plompen Enn fir dëst Stéck.
Friederatu: Et ass, wéi et ass. Eise Pavillon steet zu Dubai wéinst dem Fric, net well mer Wäerter vermëttele wéilten, eis Heemecht weise wéilten oder do iergendeppes mat Nohaltegkeet starte wéilten. Mir mussen nei a méiglechst räich Cliente fannen, also fuere mer do rof. An dem Scheich geet et och ëm Fric, deen muss fort vum Uellech, also investéiert hien a mécht méiglechst vill Reklamm fir säi Land fir Déngschtleeschtungsfirmen rof ze kréien.
Schneider: Also näischt mat Moral, Demokratie...
Friederatu: Demokratie ass ee Gepäckstéck wat mer iwwer Bord geheien wa mer et net méi brauchen oder wann et ze schwéier gëtt.
Schneider: Eis Visioun ass de Fric.
Friederatu: An et féiere vill Weeër bei de Fric. Mir huelen lo net mee den diskrete Wee vum Sound-of-Silence, mee deen vum Lets-make-it-happen Lëtzebuerg. An och de Scheich probéiert et iwwert d'Kommunikatiouns-Schinn, well et haut net méi just drëms geet fir fir Industrie attraktiv ze sinn, mee fir räich Leit. D'Personal vun der Chefetage vun engem Konzern muss ee gewëssen Niveau de Vie gebuede kréien.
Schneider: Dat mécht alles Sënn.
Friederatu: Eis Länner si sech immens ähnlech, dat betount d'Chambre de Commerce jo och ëmmer. An alleguerten deene wichtege Rankings, deenen déi weisen wat zielt, ass Lëtzebuerg jo och zesummen mat den Emirater vir mat dobäi. Zum Beispill am World Happiness Index, deen den de Visionär Jeffrey Sachs fir d'Vereenten Natiounen opstellt an deen souwuel an den Emirater wéi hei vun eiser Regierung héich ugesinn ass.[196]

196 Et ginn eng ganz Rei Rankings an Indexer, déi souwuel fir d'VEAE wéi och fir Lëtzebuerg eng wichteg Referenz ze si schéngen – obschonns se Faktoren wéi Demokratie a Mënscherechter ausse vir loossen.
a) Den FutureBrand (Nation Branding) https://www.futurebrand.com/uploads/FCI/FutureBrand-Country-Index-2019.pdf
- VAE: https://twitter.com/HHShkMohd/status/1143490618448142336
- Lëtzebuerg: RTL Today 30.06.2019: „Revealed: Luxembourg among countries with best global reputations“ https://today.rtl.lu/news/luxembourg/a/1370046.html an Aussoen Etienne Schneider [VAE] The National 30.04.2018: „Exclusive: Luxembourg moving past 'fiscal paradise' to heart of European innovation“ https://www.thenational.ae/uae/exclusive-luxembourg-moving-past-fiscal-paradise-to-heart-of-european-innovation-1.725870
b) Den World Competitiveness Ranking https://www.imd.org/wcc/world-competitiveness-center-rankings/world-competitiveness-ranking-2019/
- VAE https://twitter.com/HHShkMohd/status/1133475418277928964
- Lëtzebuerg: RTLToday 30.05.2019: „IMD World Competitiveness Rankings“

Happiness kann ee berechnen, a gleef mer, Demokratie, Mënscherechter a Konschtfräiheet sinn net déi Saachen, déi d'Leit happy maan. De Fric schonn.

https://today.rtl.lu/news/luxembourg/a/1355436.html ; https://odc.gouvernement.lu/fr/actualites/mes-actualites/2019/imd-wcr-2019.html

c) Den Doing-Business Ranking https://www.doingbusiness.org/content/dam/doingBusiness/media/Annual-Reports/English/DB2019-report_web-version.pdf

- PRESS [VAE]: Gulf News 31.10.2018: „UAE rises 10 places to 11th in World Bank's 2019 ease of doing business report" https://gulfnews.com/business/uae-rises-10-places-to-11th-in-world-banks-2019-ease-of-doing-business-report-1.2296324

Lëtzebuerg: https://www.tradeandinvest.lu/news/luxembourg-most-open-for-business/

d) Den World Happiness Index https://s3.amazonaws.com/happiness-report/2019/WHR19.pdf

- VAE: Regierung VAE https://government.ae/en/about-the-uae/the-uae-government/government-of-future/happiness an https://www.mof.gov.ae/en/Pages/happiness.aspx PRESS [VAE] Emirates Woman: „Here's where the UAE ranks in this year's World Happiness Report" https://emirateswoman.com/heres-where-the-uae-ranks-in-this-years-world-happiness-report/ ; The National 14.03.2018: „UAE is the happiest country in the Arab world, report shows" https://www.thenational.ae/uae/government/uae-is-the-happiest-country-in-the-arab-world-report-shows-1.713169 ; Gulf News 15.03.2018: „UAE nationals top 11 happiest people in the world" https://gulfnews.com/uae/government/uae-nationals-top-11-happiest-people-in-the-world-1.2188817

- Lëtzebuerg: Regierung http://luxembourg.public.lu/de/actualites/2017/03/20-happiness/index.html ; PRESS: RTL 21.03.2019: „Le Luxembourg parmi les pays les plus heureux au monde" https://5minutes.rtl.lu/actu/luxembourg/a/1323233.html ; Delano 25.03.2019: „Happiest nation, 2019" https://delano.lu/d/detail/news/happiest-nation-2019/204386